Eng kleng Anekdot zum Schluss: de Jemp ass schonn ëmmer gären op Schieren komm … dat war schonn als Kand de Fall ..., an dat well zu Schieren déi éischt Kiermes am Joer war, nach virun de Kiermessen zu Ettelbréck, an de Jemp déi ëmmer gär besicht huet.

## 80 Joer – Madame Gilberte Welter-Kohl



D'Gilberte Kohl gouf de 17. Oktober 1938 an der Stad gebuer.

Hatt ass vum klenge Buerghaff, dat ass dee leschten Haff op der rietser Säit zwëschent Schieren a Schrondweiler.

D'Gilberte war dat eelst vun am Ganze 4 Kanner. Seng jéngste Schwëster ass leider am Alter vu 7 Joer verscheet. Säi Brudder Fernand, deen den Haff iwwerholl hat, ass ganz rezent, den 11. Dezember 2018, verstuerwen. Seng aner Schwëster wunnt zu Beetebuerg.

An d'Primärschoul ass d'Gilberte déi éischt 3 Joer zu Kruuchten gaang. Well duerno awer net méi genuch Kanner do waren, huet et de Rescht vun der Schoul zu Schrondweiler gemaach.

Duerno gung et an d'Haushaltungsschoul (Pensionnat Ste-Anne) op Ettelbréck.

De 26. Dezember 1959 gouf d'Gilberte mam Norbert Weiler bestuet an zënter där Zäit lieft hatt och zu Schieren an deem Haus, wat si sech dunn an der Schrondweilerstrooss (haut Neie Wee) gebaut haten. 3 Kanner hunn d'Famill komplett gemaach mam Arsène, Ginette a Romain. Leider huet awer d'Schicksal zougeschloen, well den Norbert ass schonn 1966 duerch e Verkéiersakzident gestuerwen.

Den 10. September 1969 gouf d'Gilberte du mam Jeng Welter bestuet a wéi sot d'Gilberte … wéi mir aus der Kierch komm sinn, hunn d'Klacken am ganze Land gelaut. Fir d'Anekdot z'erklären, et war de Joresdag vun der Befreiung. Déi jonk Famill ass dunn nach mam Monique komplett ginn.

D'Gilberte huet sech niewent senger Famill och ëmmer staark an de Veräiner zu Schieren engagéiert a war an ass op alle Manifestatiounen am Duerf präsent.

Nach haut ass d'Gilberte aktiv am Comité vun de Fraen a Mammen an ass och zënter iwwer 50 Joer am Comité vun der Amicale des Anciennes aus der Haushaltungsschoul. Och war hatt an der Elterevereenegung vum Lycée Technique zu Ettelbréck … dat anscheinend, well et ni gefaart huet, seng Meenung ze soen.

Leider huet d'Gilberte zënter e puer Joeren ëmmer méi Problemer mam Goen, sou datt et elo net méi iwwerall ka präsent sinn, wou et nach gär derbäi wier.

All Woch bei d'Frënn vum Drëtten Alter ass awer fest um Programm.

Do derniewent hält d'Gilberte de Geescht mat Sudoko waakrech, hatt informéiert sech mam Lëtzebuerger Wort iwwert d'Neiegkeeten zu Lëtzebuerg an d'Illustréiert aus dem Lesezirkel ginn all am Detail studéiert.

Och eemol an der Woch hält hatt drop, fir selwer mat akafen ze goen a mam Jeng senger Hëllef klappt dat och nach ëmmer.

9 Enkelkanner an 2 Urenkele suergen derfir, dass et net langweileg gëtt, a mir wënschen dem Gilberte nach vill Joeren am Krees vu senge Léifsten derbäi.

## 80 Joer – Här Jos Zeimes



De Jos Zeimes gouf den 13. August 1938 zu Houffelt als drëtte Bouf vun am Ganze 4 Kanner gebuer.

Dem Jos seng Kannerzäit war gepräägt duerch d'Ereegnisser vum Zweete Weltkrich an déi Zäit war fir d'Famill, déi e Bauerebetrib hat, guer net einfach a mat villen Entbierunge verbonnen.

De Papp war zwëschent 2 Camione geroden an huet mat enger futisser Hëft praktesch nach just kënnen op engem Stull sëtzen. Während der Rundstedtoffensiv souzen si als Kanner bal ëmmer am Gromperekeller an um Gromperekoup huet d'Mamm hinnen e Lager aus Stréi gemaach, wou se da geschlof hunn.

Zu Houfelt ass de Jos dunn och an d'Primärschoul gaang an déi Zäit huet de Schoulmeeschter do 40 Kanner an 8 Klassen ënnerriicht; eppes wat an der heiteger Zäit sech bal net virzestellen ass.

Duerno gong et bis 1956 op Baastnech an de Kolléisch. Do war hien am Internat, eppes, wat dem Jos guer net gepasst huet an duerfir huet hie sech dunn och bei d'Arméi gemellt. No sengem obligatoreschen Déngscht vun engem Joer huet de Jos dunn decidéiert fir schaffen ze goen.

Hien hat zu där Zäit beim Danze seng Frau Lisa kennegeléiert a si wollten e gemeinsaamt Liewen opbauen. De Jos ass du vum Februar 1958 bis 1970 an d'Comptabilitéit vun der Laduno schaffe gaang. Duerno huet e bis zu senger Pensioun am Joer 1996 zu Miersch am Service Commercial vum Schluechthaus geschafft.

De Jos an d'Lisa sinn den 19. Januar 1960 zu Esch-Uelzecht bestuet ginn an hunn am Ganze 4 Joer zu Houffelt gewunnt. Hir 3 Kanner, de Jean-Paul, d'Sylvie an d'Nicole sinn och alleguerten do uewen op d'Welt komm. Eigentlech wollte si och do uewen hiert Liewen maachen, mee dacks war de Jos 11-12 Stonnen ënnerwee, fir seng 8 Stonnen ze schaffen. Wéi hien dunn och nach an engem strenge Wanter net mam Auto duerch den décke Schnéi heem koum ass a bal am Auto erfruer war, hu si d'Decisioun geholl, fir méi no beim Jos seng Aarbecht wunnen ze goen.

Zu Schieren hu si dunn eng Bauplaz fonnt an nodeems dass d'Haus gebaut war, wunne si zanter dem 20. Dezember 1964 hei zu Schieren.

De Jos war gewinnt vun doheem aus, an d'Mass ze goen, a gläich drop ass dann och dem Här Bourkel dem Jos seng kräfteg Stëmm opgefall an hien ass gläich matgeholl ginn an de Gesank. Säit uganks 1965 ass de Jos am Gesank an ass och gläich an de Comité komm. D'50-Joer-Feier 1983 an d'75-Joer-Feier 2008 zielen zu deene schéinsten Evenementer, déi de Jos matorganiséiert huet. Iwwer Comitésmember gouf hie Vizepräsident, du Präsident an ass haut Éierepräsident vun der Chorale. Vill flott Stonnen huet hien do verbruecht an ass och nach haut mat Leif a Séil als leidenschaftleche Sänger gär derbäi.

Duerch de Gesank krut de Jos du Kontakt mam Weydesch Jemp, eisem fréiere Fierschter a mam deemolege Präsident vum Futtball, dem Fischbachs Henri. Ab 1968 wor de Jos am Comité vum Futtball a wor ab 1970 während 37 Joer Caissier vum Veräin. Mee net nëmmen d'Keess huet hie gemaach, a ville vun deene Joeren huet hie sech drëm gekëmmert, dass den Terrain geméint a gezeechent gouf. Wéi bis déi hëlze Buvette do stung, huet hien déi och nach gehollef schmäissen. Och hei huet de Jos vill a flott Erënnerungen un déi Zäit an e puer Generatioune vu Schierener Jonge kennegeléiert. An senger Erënnerung bleift dem Jos och nach d'50-Joer-Feier vum FC Jeunesse Schieren am Joer 1996.

Och am eelste Veräin, dem 1926 gegrënntenen „Poretteclub" oder duerno „Gaart an Heem" war hien aktiv. 1989 ass hien op d'Bestriewe vum Goerense Néckel an de Comité gaangen a war duerno bis 2007 während 16 Joer Präsident vum Veräin. An déi Zäit ass de 75-jähregen

Anniversaire vum Veräin gefall, deen 2001 mat engem neie Fändel, mat der Organisatioun vum Nationalkongress an engem flotte Buch wierdeg gefeiert ginn ass.

Well an der Zäit d'Baler bis zu 2.000 Leit op Schieren gelackelt hunn, ass 1989 d'„Entente vun de Veräiner" gegrënnt ginn, wou de Jos och eng vun den dreiwende Kräfte war a sech drëm gekëmmert huet, dass déi sëlleche Këschte mat de Glieser ëmmer propper op der richteger Plaz waren.

1994 huet hien zesumme mam Bouchés Nico d'Schierener Theaterfrënn gegrënnt a war och während 6 Joer mat Begeeschterung als aktiven Theaterspiller derbäi.

Vun 1995 bis 2000 wor de Jos och am Comité vun der Amiperas, dëst op d'Bestriewe vum Hilgesch Jules.

Schliisslech wor hien och vun 1990 bis 1994 am Porrot.

Kuerz nom Doud vum Leys Emile am November 1992 huet de Jos dunn och nach d'Charge vum Koschter iwwerholl, eng Charge, déi en och haut nach mat voller Iwwerzeegung ausféiert. Et ass him e Begier an eng Éier, dass jiddwer Schierener Bierger dat schéinstméiglecht Begriefnis kritt, an duerfir wëll de Jos och nach, sou laang et him kierperlech méiglech ass, dës Tâche ausfëllen an dem Paschtouer mat Gesank, Organisatioun an Taxisdéngscht zur Säit stoen.

**Domat kënnt de Jos op 160 JOER !!! BENEVOLAT an et ass fir hien eng Häerzensugeleeënheet, fir en Appell ze maachen un déi vill Leit, déi rezent op Schieren wunne komm sinn … fäert net, engagéiert Iech an engem vun de ville Veräiner aus dem Duerf a suergt derfir, dass mer net zu enger Wunn- a Schlofgemeng verkommen, mee dass mer eng lieweg Gemeinschaft sinn, wou Spaass a Gesellegkeet gelieft ginn. Dëst ass sécher mat vill Aarbecht an Engagement verbonnen, mee awer och mat vill Satisfaktioun.**

**Also, Avis aux amateurs … d'Veräiner brauchen Iech.**

Nieft dësem wahnsinnegen Engagement an de Veräiner war de Jos awer och an der Schierener Gemeng engagéiert. Duerch Zousazwalen ass hien den 1. Abrëll 1990 an d'Gemeng komm, wou hie während 4 Joer Conseiller war an duerno nach bis 2006 12 Joer Schäffen an ab 2007 nees Conseiller bis 2009.

Während senger Zäit an der Gemeng sinn zu Schieren ënnert anerem de Précoce an d'Sportshal gebaut ginn, an och d'Schoul gouf deemools ëm 2 Säll vergréissert. Och vill Sue sinn an d'Moderniséierung vun der Stroosseninfrastruktur an d'Kierch an un den Amenagement vun der Kiercheplaz gefloss.

2 Projeten, déi him um Häerz louchen, huet de Jos net kënne realiséieren … den Amenagement vun de Futtballsterrainen (wat jo lo awer Gott sei Dank geschitt ass) an awer och, e Foussgängerwee vu Schieren laanscht den Ettelbrécker Kierfecht op Ettelbréck ze realiséieren.

Hien hofft, dass dëst awer eng Kéier gemaach gëtt.

De Jos war während 40 Joer net vill doheem a quasi all Owend op der Rull, ouni vill Versteesdemech vum Lisa an der ganzer Famill wär dat net méiglech gewiescht.

Duerfir wollt hien an deene leschten 10 Joer och vill méi Zäit mat hinne verbréngen a versicht och lo, bal all Owend doheem ze sinn.


De Jos ass glécklech, dass all seng 8 Enkelkanner mat zwee Féiss am Liewe stinn a beruflech Fouss gefaasst hunn … fir hien an d'Lisa war et déi schéinsten Zäit, wéi si mat all den Enkelkanner, wéi déi nach kleng waren, sief et an d'Belsch oder an Holland op d'Plage an d'Vakanz gaange sinn. Duerno si si nach ofwiesselnd mat 2-3 Enkelkanner an d'Vakanz geflunn.

Stolz ass de Jos, dass en haut scho 4-mol Urgrousspapp ass.

Hie genéisst et haut, fir all Dag no sengem Gaart ze kucken, an op de Bierg ze fueren an no senge Schof oder no den Dännebeemercher ze kucken. Hie genéisst et dobäi och, fir kënnen op dat schéint Schieren erofzekucken … well dass Schieren schéi war an ass, do gëtt et fir de Jos keen Zweifel.

**Wéi sot hien … firwat mengs de soss, hätten d'Réimer scho virun 2.000 Joer hir Villa hei bei eis gebaut.**

## 80 Joer – Nic Majerus



Wann een den Numm Nic Majerus zu Schieren ernimmt, da wësse just déi wéinegst Leit, wien domat gemengt ass; wann een duerno awer seet, dat ass de Majerussen Nuckes, dann ass de Fall kloer. Den Nuckes ass zu Schieren eng Institutioun ginn, dee bei jidderengem net nëmme wéinst senger Villsäitegkeet bekannt ass, mee doriwwer eraus och als Gesellschafter ganz beléift ass. Den Nuckes ass den 22. Oktober 1938 zu Ettelbréck gebuer ginn, seng Schwëster Margot, déi mam fréiere President vum Ëlwener Futtball André Pletsch bestuet ass, ass sechs Joer méi spéit, den 22. Oktober 1944 gebuer ginn. Do kann ee soen, all Respekt fir dem Nuckes säi Papp, dee Mann konnt genee schaffen.

Dem Nuckes seng Eltere waren de Charel Majerus an d'Marie Koch, si hunn op 77 an der Waarkener Strooss

gewunnt an de Papp huet am Service Technique vun der Ettelbrécker Gemeng geschafft. Den Nuckes huet seng ganz Carrière bei der Eisebunn gemaach, an dat an engem Service SES, dee sech ëm Stellwierker a Sécherheetsanlage gekëmmert huet. No engem leschten Exame gouf hien du Chef um Stellwierk zu Ettelbréck. Bestuet ass hie mam Josée Clemens, gebierteg vu Reisduerf, an duerno wunnhaft zu Dikrech an Ettelbréck. An elo gëtt et romantesch oder literaresch, well wann een den Nuckes freet, wéini dat war, dann zitéiert hien déi zwee éischt Versen aus dem Michel Rodange sengem Reenert:

*Et war esou ëm d'Päischten*
*'t stoung alles an der Bléi*

Dat war am Joer 1962. Si hunn dunn zu Ettelbréck gewunnt, bis den Nuckes Ausgank der sechzeger Joren eng Bauplaz an der Schrondweiler Strooss, haut Neie Wee, zu Schieren beim Baseng kaaft huet. Mat senge villen Talenter als Steemetzer, Schräiner an Elektriker huet hien d'Haus praktesch an Eegeregie gebaut. Zu Ettelbréck waren awer schonn hir zwee Bouwen op d'Welt komm

– De Paul, de 15. Dezember 1963. Hien ass bestuet, si hunn zwee Kanner a wunnen zu Kruuchten. De Paul ass Direkter op der Lorillard.
– De Georges, den 3. Januar 1968. Hien huet d'Musekstalent vu sengem Papp mat an d'Wéi geluecht kritt, spillt an Orchesteren an huet sech en Atelier doheem ageriicht, fir CDen opzehuelen. Hie wunnt mat senger Fréndin zu Bäerdref a schafft bei LuxConnect zu Beetebuerg a Biissen.

An da komme mer zum Nuckes sengen Hobbyen, an dat sinn der nit wéineg:

– Als Radiosamateur a Funkfreak huet hien Transistoren zesummegebaut a sech selwer eng Funkanlag mat grousser Antenn opgeriicht.
– Al Autoe flécke war fir hien eng Häerzensugeleeënheet. Där huet hien am Ganze véierzeg aus futtissen oder accidentéierten zesummegesat, an dernieft och nach en Trakter fir de Goerense Jos.
– Haiser bauen an ëmbaue fir sech, d'Kanner an d'Noperen
– Member vun der Écurie du Nord vun Ettelbréck, a wann den Nuckes dann opzielt, wie mat him do dra war, da liest dat sech wéi de Who is Who vun de „gudden" Ettelbrécker Jongen: Fränz Kraack, Pir Michels, Menn Rodesch, Ram Parisotto, Menn Ferrari, wou ee bal e Buch vu jidderengem schreiwe kéint.
– Musikant zu Ettelbréck, Schieren an an der Turelbaach. An d'Schierener Musek koum hien duerch den deemolegen Dirigent Pol Wagner, deen hie gefrot hat, fir en Instrument ze flécken. Wéi en et dunn zréckkrouch, huet en zum Nuckes gesot, da spill mol drop, fir datt ech gesinn, ob s du et gutt gemaach hues. Dem Nuckes säi Spill hat den Dirigent iwwerzeegt a vun do un huet hie jorelaang de Saxophon Bass gespillt a war och nach fir en etlech Joer am Comité. Onzieleg UGDA-Medailen an eng gëllen Auer vun der Schierener Musek sinn de Bewäis fir säin Asaz.

Duerfir kann ee mat guddem Gewësse soen, datt hien een ass, wou de Sproch *„hie brauch net méi erëmzekomme fir ze schaffen"* honnertprozenteg zoutrëfft. An trotz villen Hobbyen an ëmmer Schaffen huet hien och nach Zäit fonnt, fir vill erauszegoen. Mee dat ass ee, Kapitel, wou mer an zéng Joer drop zréckkommen, well dat géif dëse Kader sprengen.

Duerfir Nuckes, versuerg dech gutt, fir deng nonzeg komme mer erëm schellen, an huel fläisseg Notize bis dohinner.

## 80 Joer – Jeannine Nickels-Bonnaud



Ech gouf den 18. Mäerz 1938 zu Clichy-la-Garenne, e Viruert vu Paräis, gebuer. Meng Mamm war d'Marthe Langlois a mäi Papp de Léonard Bonnaud. Mäi Brudder Jean an ech sinn zu Clichy opgewuess.

D'Liewen zu Clichy war net ze vergläiche mam Liewen zu Schieren … eraus spille goen ouni d'Begleedung vun den Elteren, war an enger Groussstad net méiglech.

Wat mech als Kand gezeechent huet, war de Krich … Paräis ass bombardéiert ginn a mir sinn dann nuets an de Keller vun den Nopere gelaf. Mäi Brudder hat mech um Aarm, mir haten Angscht … och ëm mäi Papp, deen net wollt an de Keller goen, bis d'Fligere ganz no waren. Hie war am Éischte Weltkrich als jonke Mann an den Tranchéeën zu Verdun, a war e Liewe laang gezeechent vun dëser Erfarung.

Iergendwann si mir du vu Paräis mat engem Camion, dee mäi Papp geléint kritt hat, geflücht. Dausende Mënsche sinn ëmkomm op der Flucht. Ech ka mech net u vill erënneren, just dass ech meng Dafkette vum Hals gerappt krut. Nom Krich war vill zerstéiert zu Paräis.

Enges Daags koum eng Damm bei eis an d'Schoul an huet proposéiert, dass eis Klass sech dierft mellen, fir

zu Lëtzebuerg bei eng Famill an d'Vakanz ze goen. Mäi Papp war ganz dogéint, fir hie waren d'Lëtzebuerger „des boches". Meng Eltere waren dunn awer iergendwann averstanen a mir hunn eis zu puer ugemellt, meng bescht Frëndin an ech wollten zesumme goen. 1946 sinn ech du fir d'éischt op Schieren komm, an zwar bei d'Marechen an den Ernest Melsen-Gengler.

No e puer Stonnen am Zuch ware mer all schrecklech opgereegt a mir sinn dunn erféiert, wéi mer zu Lëtzebuerg op der Gare getrennt goufen. Do sinn déi éischt Tréine gefloss. Ech war nervös a voller Angscht, mat deene frieme Leit mussen ze goen, ech hunn déi ganz Nuecht gekrasch. Lues a lues hunn ech mech zu Schieren agelieft … ech konnt erausgoen, wann ech wollt, et huet leider kee Franséisch geschwat, an d'Kanner hunn am Ufank vill de Geck mat mer gemaach.

Vun do u sinn ech all Joer an der Summervakanz zréck op Schieren komm, lues a lues hunn ech Frëndschafte geschloss. Ech si gären an d'Vakanz komm, mee ech hunn awer och vill no mengen Elteren a mengem Brudder verlaangert. Si selwer si vun der Famill Melsen méi dacks ageluede ginn a sinn dann e puer Deeg op Schieren an d'Villa Melsen komm.

Als jonkt Meedchen hunn ech mech dunn an den Nickelsen Tunn verléift, am Ufank ass hie mam Vëlo laanscht gefuer an huet gepaff. Um Waldfest zu Colmer-Bierg hu mer zesumme gedanzt, an den 1. Juni 1957 hu mir eis zu Bréissel bestuet. Hien huet mer vill romantesch Bréiwer geschriwwen, déi ech bis haut versuergt hunn.


Mir sinn allen zwee zu Bréissel schaffe gaangen, wéi vill jonk Leit déi Zäit. Mir hunn och no eiser Hochzäit do gelieft, den Tony huet bei engem Schräiner geschafft, an ech bei enger Famill als Kannermeedchen.

1957 si mir dunn zréckkomm op Schieren, wéi den Tony d'Noriicht krut, dass hie kéint am Spidol ufänke mat Schaffen. Mir hunn dunn am Tony sengem Elterenhaus an der Huelscheck gewunnt, do wou hien op d'Welt komm war an do wou hien och gestuerwen ass. 1958 koum d'Christiane op d'Welt, 1962 d'Monique an 1966 d'Michèle. 1979 war d'Freed besonnesch grouss, wéi nach e Jong nokoum, den Alain. Meng Eltere sinn 1966 och op Schieren wunne komm, mir haten hinnen en Haus an der fréierer Schräinerei gebaut a si hunn do bis zu hirem Doud gelieft.

Wann ech elo vu mengen Hobbye schwätzen, dann hunn ech déi meescht dovu mat mengem Mann zesumme gemaach. Nodeems den Tony schonn als klenge Bouf am Gesank war, hie war iwwregens ee vun de beschten Tenore vu Schieren, sinn ech, soubal wéi d'Chorale sech fir Fraen opgemaach huet, mat him dohinner gaangen. Ech hu Sopran gesongen a sinn haut nach Member. Ech hu mech dunn och nach am Comité engagéiert an hunn och ëmmer eng Hand ugepaakt, wann de Gesank eng vu senge bekannte Soiréeën hat. Duerch dem Tony säi Matschaffen am Gaart an Heem koum ech do och zum Asaz, haaptsächlech am Fréijoer, wann de Veräin déi grouss Blummebestellung gemaach huet. Aner léifgewonne Beschäftegunge ware Kachen a Liesen.

Haut sinn ech frou, dass ech nach kann an eisem Haus wunnen, wou ech vu menge Kanner ënnerstëtzt ginn. Ech freeë mech, wann ech meng 8 Enkelkanner bei mer hunn.

## 90 Joer – Emile Merenne



Wéi mir fir de 85. Gebuertsdag den Emile gefrot haten, wéi et da mat gesondheetleche Problemer wier, du war seng Äntwert eng Géigefro: *„A wat ass dat dann?"* Dat huet sech an de leschte Joren awer verännert, hien huet eng schwéier Operatioun hannert sech, déi glécklecherweis gutt verlaf ass. An awer waren domat e puer Verännerunge verbonnen, wéi de Verkaf vum Camper, d'Opgi vum Schräinerhobby an d'Vëlofueren. A wann ee weess, wéi hien un deenen dräi Saachen houng, da gëtt dat dann awer e groussen Aschnëtt. Mee geeschteg klappt nach alles beschtens, d'Zeitung liest den Emile um Computer, a säin Intressi fir lëtzebuerger an international Politik geet just souwäit, wéi et fir d'Liewen noutwenneg ass. Et war schonn en Zoufall, datt den Dag vun dësem Interview en Artikel iwwert de Café Halt vun Eschweiler bei Wolz an der Zeitung war, an dozou sot den Emile ganz lapidar: *„Mat dat ass do, wou mäi Schwéierpapp gebuer ass, an déi Wiertsfra do ass d'Kusinn vu menger verstuerwener Fra."*

1955 huet den Emile a seng Fra Suzanne Damit zu Schieren eng Bauplaz vum Moschterfabrikant Plümmer aus der Stad kaaft a selwer en Haus drop gebaut. Si krute 4 Kanner, an den Emile huet haut 8 Enkelen an 2 Urenkelen. Leider ass seng Fra 1998 un enger béiser Kränkt gestuerwen an zum Thema Urenkelen huet den Emile säi Pefferkär ginn: *„Meng Enkelkanner maachen einfach net virun, si sollen sech mol druginn. Wann ech drun denken, wéi dat fréier bei eis war, do hunn d'Elteren an d'Schwéiereltere schonn no e puer Méint gefrot, ob si da geschwënn eng gutt Nouvelle kréichen."* Hien huet awer zwee Enkelkanner, déi sportlech op sech opmierksam maachen. Dat si senger Duechter Sylvie hir Kanner Felix a Marie Schreiber aus dem Préizerdaul, déi momentan am Cyclocross Spëtzeresultater erausfueren. En Altersheem,

kënnt fir den Emile net a Fro, hien huet jo seng Haushaltspärel Rosa, déi him nomëttes d'Hausaarbechte maache kënnt an hie soss och schéi verwinnt. Mat engem breede Grinsen am Gesiicht sot den Emile: *„'t ass scho flott, wa mol erëm e bësse jonkt Blutt am Haus ass.*"

Den Emile ass mat sengem Camper jo kräiz a queer a wäit duerch Europa gereest, mee seng absolut Lieblingsdestinatioun war Kroatien wéinst senger wonnerbarer Landschaft. Hien huet do d'Plitvica-Séien als Beispill uginn, wou en etlech Karl-May-Filmer gedréint goufen. Hie weess och haut net méi ze soen, wéi dacks hie schlussendlech do war. Seng Camperreese beschränken sech haut op Weekendreesen, wou d'Renée an de Franz hie fir e puer Deeg mathuelen, ëmmer bei d'Musel oder de Rhäin vu Stroossbuerg bis op Köln.

***Umierkung vun der Redaktioun:** Den Här Merenne ass leider kuerz virun der Publikatioun vum Louis 56 verscheet.*

## 90 Joer – Françoise Diederich-Schroeder



De 25. Februar 2018 huet d'Françoise säin 90. Gebuertsdag gefeiert, wou hatt och Besuch vun de Gemengeverantwortleche kritt huet. Natierlech ass zu deem Ulass awer och eng grouss Familljefeier ofgehale ginn, wou d'Kanner, d'Enkelkanner an d'Urenkelen aus der Schwäiz an aus Däitschland all ugereest sinn, mat un der Spëtzt seng zwee Kanner Francis a Christiane. An haut läppert déi ganz Nokommeschaft sech op 4 Enkelen a 5 Urenkelen zesummen, woubäi déi lescht zwëschen engem an aacht Joer al sinn. A well dem Françoise seng Kanner mëttlerweil schonn iwwer 40 Joer am Ausland sinn an do och fest integréiert sinn, kommen se héchstwahrscheinlech net an dat Lëtzebuergescht zréck. Dobäi bedauert d'Françoise just, datt et déi ganz Hickecht net sou dacks zu Gesiicht kritt, an d'Urenkelen no den Enkelen eropwuessen, ouni datt hatt dee ganze Prozess am Detail matkritt. Et sinn och just déi Schwäizer Enkelkanner, déi nach Lëtzebuergesch schwätzen.

An deenen éischten Anniversairesartikele war jo scho rieds, datt dem Françoise seng Famill fréier op der haiteger Valysplaz gewunnt huet, wou 1953 déi véier Haiser ofgerappt goufen, an dat aus en etleche Grënn. Am Krich haten déi amerikanesch Panzer, déi vu Süden erfort koumen, besonnesch hei wou d'Strooss sou schmuel war, déi zimlech staark beschiedegt, a wahrscheinlech haten déi véier al Haiser dovun och kleng Rëss matkritt. Zousätzlech dozou war den Trottoir op dëser Plaz just en hallwe Meter breet, wat och net méi ze veräntwerte war, well et méi Verkéiersopkommes gouf. De Stat huet dunn drop gedréckt, do misst d'Strooss verbreet ginn, well och déi aner Säit keng Waach war. Am ënneschte vun deene 4 Haiser war e Café, wou d'Gréideli dra gezaapt huet. Déi Fra war e bësse fäertereg. Hannert hiren Haiser stounge Mirabellebeem, an d'Bouwen aus dem Duerf hunn dann och Mirabelle stibitzt. Si hat et du fäerdegbruecht, dem Françoise säi Papp Gaasper z'iwwerzeegen, nuets mat der Flënt duer sëtzen ze goen, fir d'Bouwe fäerten ze doen. Well d'Kanner aus dem Faubourg wousten, datt d'Gréideli säin eegene Schiet gefaart huet, hunn si him och allerlee Spiichte gespillt. Sou hat d'Françoise mat zwou Frëndinnen eng Rommel ausgehillegt, eng Käerz dragestallt, an owes hunn se d'Käerz ugefaang an dem Gréideli d'Rommel op d'Fënster gestallt. Dobäi hunn se komesch Kreesch vu sech ginn, sou datt d'Gréideli sech eeschtlech gegrujelt huet. Dat huet laang nogehal, well den aneren Dag ass hatt sech bei de Paschtouer beschwéiere gaang, fir datt deen der Saach géif nogoen an déi Schëlleg bestrofe géif.

Vum Françoise senge Grousseltere vun der Mamm hirer Säit war an dëser Rubrik scho rieds, hei kommen elo e puer Anekdote vun den anere Grousselteren derbäi. Den Nicolas Schroeder war zu Trois-Ponts an der Belsch gebuer, hie war mam Catherine Bourscheid bestuet a si hunn zu Veianen gewunnt. Den Nicolas ass op der Lokomotiv vum Benny op der Streck Dikrech-Veianen gefuer an huet ënner anerem en Halt zu Tandel, Furen a Bëttel gemaach. Bei all den Halte war och eng Wirtschaft dobäi an den Nicolas huet seng Fuergäscht mussen an d'Wirtschaft ruffe goen, a méi wéi eng Kéier krut hien dann och e Patt mat. An da soen se haut, d'Eisebunn wier net pénktlech.

D'Groussmamm Catherine Bourscheid huet zu Veianen fir verschidden Hotelle gewäsch a gestreckt, a besonnesch beim Strecken huet et musse millimetergenee erofgoen. D'Suen, déi si duerfir kritt huet, huet si an eng huel Muttergottesstatu gestach, wou een de Kapp dervu konnt ëmdréinen. Net zu Onrecht gouf si zu Veianen Streekgriitchen genannt. Hire schwaache Punkt war déi Veiner Fuasicht, wou se sechs Deeg laang verkleet ënnerwee war, an dat nach mat 60 Joer, wann d'Enkelkanner op Besuch komm sinn.

De Martin an d'Françoise waren zäitliewens Veräinsmënschen. Si ginn och haut nach bei d'Schierener Frënn vum drëtten Alter, wou de Martin d'Funktioun vum Keessjee nach ëmmer ausfëllt. D'Françoise denkt och net drun, fir sech no engem Altersheem ëmzekucken; hatt klot zwar heiansdo iwwer e puer gesondheetlech Problemer, mee et gesäit nach ëmmer gutt aus, a wann de Martin et weider sou gutt versuergt, da feiert et seng honnert och nach zu Schieren.

# Journée de commémoration nationale – Nationale Gedenkdag



Chaque année la Journée de commémoration nationale est consacrée au souvenir de la lutte menée par le peuple luxembourgeois pendant l'occupation de 1940 à 1945. La date officielle de ladite journée a été fixée en 2018 au 11 octobre.

Après le service religieux, des fleurs ont été déposées par le conseil communal au Monument aux morts devant l'église.








# De Louis

**„Wouhier kënnt den Numm fir eis Duerfzeitung?"**

Dës Fro hu sech bestëmmt scho vill Leit déi lescht Joere gestallt.

Dofir veröffentleche mer hei op dëser Plaz en Artikel aus der alleréischter Ausgab vum „Louis" aus dem Joer 2001, deen erklärt, wou dësen Numm hierkënnt.

**« D'où ce nom vient-il ? »**

Certainement, beaucoup de gens se sont posé cette question au cours de ces dernières années.

Voici un article sur le « messager communal », qui a été publié dans le premier numéro du « Louis » en 2001.

Il vous expliquera comment le journal de la commune de Schieren a fini par obtenir son nom actuel.

D'Fonktioun vum Gemengebuet am Sënn vum Wuert „Louis", ass et, wann ee mat deene Leit schwätzt, déi sech nach drun erënnere kënnen, nëmme vun 1918 bis 1977 ginn. Si war charakteriséiert doduerch, datt de Buet mat enger Schell duerch d'Duerf gaangen ass an dann all 20 bis 30 Meter mat Schellen opgehal huet a mat kräfteger Stëmm de Leit d'Neiegkeeten ausgeruff huet, déi d'Gemeng hiren Awunner matdeele wollt. Obschonns an de 70er Joeren den Nic Theis nach heiansdo mat der Schell duerch d'Stroosse gaangen ass, louch dës Fonktioun awer haaptsächlech an den Hänn vun zwee Männer, an zwar:

Den Nic Boudler (1875-1969). Hie war zënter 1912 Schneider zu Ettelbréck am Spidol an huet 1918 zousätzlech d'Charge vum Gemengebuet iwwerholl. Hie war 1940 pensionsberechtegt, ass awer bis 1953 mat der Schell gaangen.



De Louis Wolff (1906-1997). Hie war als Gemengenaarbechter agestallt, wou hien sech haaptsächlech ëm déi Schierener Waasserbasengen bekëmmert huet; den zweete Volet vu senger Fonktioun war de Gemengebuet, wat hie mat vill Engagement vun 1953 bis 1977 gemaach huet.



Nom Louis Wolff senger Pensioun ass d'Aarbecht vum Gemengebuet lues a lues vun Zeitungspublikatiounen, Fluchziedelen an offizielle Communiquéen iwwerholl ginn an domat war erëm e Stéck Duerfidyll ausgestuerwen.

Aus wat huet dann elo d'Responsabilitéit vum Gemengebuet bestan? Och wa mer net alles bis an déi lescht Klengegkeet erëmfonnt hunn, sollen hei awer d'Haaptfunktioune beschriwwe ginn:

- Ausruffe vun Ofspären an Reparature vu Waasserleitungen;
- Annoncéiere vun Holzsteeën an och Ausriffer op der Stee;
- Ausruffe vun de Verpachtunge vu Lännereie vun der Gemeng an der Kierchefabrik;
- Ausruffe vun der Verdeelung vu Juegd- a Fëschereigelder;
- Ausruffe vu Versammlungen oder aneren ëffentleche Manifestatiounen;

- Ausruffe vun der Stee, wann e Stéck Wëld iwwerrannt gouf;
- Verdeele vun Aberuffungsziedele fir d'Gemengerotssitzungen;
- Verdeele vu Gemengerechnungen a vu Stëmmziedelen virun de Wahlen;
- Aushänke vu Publikatiounen am Gemengereider;

Eng onangenehm Aufgab ass dann am Krich nach derbäikomm, an zwar

- d'Ausruffe fir den däitschen Okkupant vum Beflaggungszwang vun den Haiser mam Hakekräizfändel.
- Zousätzlech dann hei nach e puer Anekdoten, déi aus der Zäit vun de Gemengebueten iwwerliwwert goufen:
- Bei den Holzsteeën, déi am Bësch ofgehale goufen, sinn der Rei no d'Konditioune virgelies ginn, an duerno huet den Nic Boudler aus sengem eegene Repertoire nach eng Konditioun derbäigefléckt: „Déi Leit, déi hiert Holz vum leschte Joer nach net verbrannt hunn, kréie keen neit zougeschloen."
- 1948, also kuerz nom Krich, sinn arem Wiener Kanner fir etlech Woche bei e puer Famillje komm, esou wéi haut och Kanner aus Russland oder vun Tschernobyl kommen, fir e puer Wochen Erhuelung mat guddem Kascht hei ze verbréngen. E puer Leit hunn du gesot, si géifen och nach ewell sou e Kand ophuelen. Dorophin huet de Buergermeeschter Hubert Schlechter de Gemengebuet Nic Boudler ugestallt, sech sonndes no der Mass an de Kierchgäertchen ze stellen an den Intressente matzedeelen, sech beim Buergermeeschter ze mellen. Den Nic Boudler huet sech dann no der Mass dohigestallt an hien huet de Leit Folgendes gesot: „Déi Fraen, déi nach gär e Kand hätten, solle sech un de Buergermeeschter wenden."
- Op enger Holzstee am Jongebësch huet et riicht era gereent an den Intressi vun de Leit huet sech a Grenze gehalen. Et hunn dunn e puer Leit dem Louis Wolff zougeruff, hie soll selwer drop steeën, fir datt et géng virugoen. De Louis huet ganz daper geruff: „300 Frang, 300 Frang, 300 Frang fir d'éischt." Aus dem Dréchenen, wou déi meescht scho beim Branntewäi waren, huet den Nic Schuster gejaut: „Schlo se nëmmen zou an da kënns de d'ënnerdaach." Dunn huet de Louis ganz traureg gefrot: „Ma, a wiem dann?"

## Le messager communal

Selon les dires des gens qui peuvent encore s'en souvenir, la fonction de messager communal existait uniquement entre les années 1918 et 1977. Elle consistait dans le fait que le messager parcourait le village avec une sonnette, et, tous les 20 à 30 mètres, arrêtait de sonner et annonçait à haute voix aux habitants les nouvelles que la commune voulait faire parvenir aux gens. Bien que dans les années 70, on vît encore parfois Nic Theis avec la sonnette dans les rues de Schieren, cette fonction était essentiellement exécutée par deux hommes, à savoir :

Nic Boudler (1875-1969). Il était depuis 1912 tailleur à l'hôpital neuro-psychiatrique d'Ettelbruck, et à partir de 1918, il assumait en surplus la fonction de messager communal. Il avait droit à la retraite en 1940, mais continuait à faire des annonces aux habitants du village jusqu'en 1953.

Louis Wolff (1906-1997). Il était engagé comme ouvrier communal, où une de ses fonctions principales était la surveillance et le fonctionnement des réservoirs d'eau potable, un second volet était le messager communal, une fonction qu'il a assumé avec beaucoup d'engagement de 1953 à 1977.

Après la mise en retraite de Louis Wolff, la fonction de messager communal a peu à peu été remplacée par des publications de presse, des feuilles volantes ou encore des communiqués officiels, faisant disparaître par ce fait un aspect idyllique de la vie villageoise de jadis.

Quelle était donc la responsabilité du messager communal ? Même si nos recherches n'ont pas révélé tout jusqu'au dernier détail, nous, énumérons ici les fonctions principales :

- annonce de la fermeture ou de la réparation du réseau d'eau ;
- annonce de la vente aux enchères du bois communal ou épiscopal ;
- annonce du bail des terrains de la commune ou des domaines de l'église, annonce de la distribution de l'argent provenant des syndicats de chasse et de pêche ;
- annonce des réunions ou d'autres manifestations publiques ;
- annonce de la vente aux enchères de gibier tué sur la voie publique ;
- distribution aux conseillers des invitations de participation aux sessions du conseil communal ;
- distribution des factures communales et des bulletins de vote avant les élections ;
- mise à jour du panneau d'information communal ;

à cela s'ajoutait encore une charge désagréable pendant la Deuxième Guerre mondiale, à savoir

- l'annonce pour l'occupant nazi de la contrainte de hisser le drapeau nazi.

# Version provisoire du PAG

**Pour plus d'informations veuillez vous rendre sur le site de la commune : www.schieren.lu**



# Élections Chambre des Députés du 14 octobre 2018

## Nombre de suffrages valables obtenus par :

### Liste No 1 – PIRATEN

| | Suffrages par liste | Suffrages nominatifs | Totaux |
|---|---|---|---|
| ALLARD Ben | 46 | 31 | 77 |
| **COLOMBERA Jean** | **46** | **45** | **91** |
| MAAR Andy | 46 | 16 | 62 |
| DASBACH Angelika | 46 | 10 | 56 |
| BAUMANN Roy | 46 | 12 | 58 |
| GRÜNEISEN Sam | 46 | 7 | 53 |
| CONRAD Pierre | 46 | 5 | 51 |
| GINTER Joshua | 46 | 15 | 61 |
| TRAUT ép. MOLITOR Angela Maria | 46 | 3 | 49 |
| **Suffrages par liste/NOMINATIFS** | **414** | **144** | |
| **Votes de liste** | | | **558** |

### Liste No 2 – DÉI GRÉNG

| | Suffrages par liste | Suffrages nominatifs | Totaux |
|---|---|---|---|
| **TURMES Claude** | **55** | **198** | **253** |
| EMPAIN Stéphanie | 55 | 54 | 109 |
| ANZIA Gérard | 55 | 34 | 89 |
| ASCHMAN Betsy | 55 | 7 | 62 |
| BIRCHEN Svenja | 55 | 42 | 97 |
| DELTGEN Giny | 55 | 20 | 75 |
| DUPREZ Tanja | 55 | 13 | 68 |
| THILLEN Frank | 55 | 53 | 108 |
| WILMES Dan | 55 | 26 | 81 |
| **Suffrages par liste/NOMINATIFS** | **495** | **447** | |
| **Votes de liste** | | | **942** |

### Liste No 3 – LSAP

| | Suffrages par liste | Suffrages nominatifs | Totaux |
|---|---|---|---|
| **SCHNEIDER Romain** | **60** | **155** | **215** |
| HAAGEN Claude | 60 | 115 | 175 |
| KOCH Tina | 60 | 14 | 74 |
| PICARD Myriam | 60 | 10 | 70 |
| STEFFEN Christian | 60 | 58 | 118 |
| STEICHEN Bob | 60 | 75 | 135 |
| THILL Claude | 60 | 52 | 112 |
| VESALI Amir | 60 | 35 | 95 |
| WEBER Carlo | 60 | 19 | 79 |
| **Suffrages par liste/NOMINATIFS** | **540** | **533** | |
| **Votes de liste** | | | **1.073** |

### Liste No 4 – CSV

| | Suffrages par liste | Suffrages nominatifs | Totaux |
|---|---|---|---|
| **HANSEN Martine** | **131** | **229** | **360** |
| BOONEN Jeff | 131 | 65 | 196 |
| CONZEMIUS Sonja | 131 | 50 | 181 |
| EICHER Emile | 131 | 64 | 195 |
| KAES Aly | 131 | 73 | 204 |
| NICKELS-THEIS Anne | 131 | 120 | 251 |
| SCHAAF Jean-Paul | 131 | 150 | 281 |
| SCHANK Marco | 131 | 101 | 232 |
| WEILER Charles | 131 | 71 | 202 |
| **Suffrages par liste/NOMINATIFS** | **1.179** | **923** | |
| **Votes de liste** | | | **2.102** |

### Liste No 5 – KPL

| | Suffrages par liste | Suffrages nominatifs | Totaux |
|---|---|---|---|
| **HERMAN Alain** | **2** | **3** | **5** |
| BARBERI Andy | 2 | 1 | 3 |
| FUCHS Jordy | 2 | 2 | 4 |
| NONNWEILER Roger | 2 | 1 | 3 |
| REULAND Esther | 2 | 0 | 2 |
| SABOTIC Sanela | 2 | 2 | 4 |
| TANI Vanessa | 2 | 2 | 4 |
| WALERS Alphonse | 2 | 0 | 2 |
| WILLKOMM Pierre | 2 | 0 | 2 |
| **Suffrages par liste/NOMINATIFS** | **18** | **11** | |
| **Votes de liste** | | | **29** |

### Liste No 6 – DP

| | Suffrages par liste | Suffrages nominatifs | Totaux |
|---|---|---|---|
| **ETGEN Fernand** | **91** | **193** | **284** |
| HANSEN Marc | 91 | 150 | 241 |
| BAULER André | 91 | 141 | 232 |
| GOERENS Stéphanie | 91 | 60 | 151 |
| KEISER Francine | 91 | 27 | 118 |
| KOEUNE Marco | 91 | 14 | 105 |
| MERTENS Edy | 91 | 64 | 155 |
| MULLER Marie | 91 | 34 | 125 |
| POIRÉ Mike | 91 | 78 | 169 |
| **Suffrages par liste/NOMINATIFS** | **819** | **761** | |
| **Votes de liste** | | | **1.580** |

# Élections Chambre des Députés du 14 octobre 2018

## Nombre de suffrages valables obtenus par :

### Liste No 7 – ADR

| | Suffrages par liste | Suffrages nominatifs | Totaux |
|---|---|---|---|
| **ENGELEN Jeff** | **42** | **15** | **57** |
| **LEMAIRE Michel** | **42** | **15** | **57** |
| AREND Guy | 42 | 14 | 56 |
| FREYMANN Norbert | 42 | 7 | 49 |
| FUNCK Myriam | 42 | 5 | 47 |
| GIANNOTTE Joëlle | 42 | 5 | 47 |
| KIRSCH Carlo | 42 | 6 | 48 |
| TURPEL Natalie | 42 | 4 | 46 |
| XHONNEUX Detlef | 42 | 2 | 44 |
| **Suffrages par liste/NOMINATIFS** | **378** | **73** | |
| **Votes de liste** | | | **451** |

### Liste No 8 – DÉI LÉNK

| | Suffrages par liste | Suffrages nominatifs | Totaux |
|---|---|---|---|
| CLEMENT Cathy | 18 | 19 | 37 |
| **FORGIARINI Thoma** | **18** | **21** | **39** |
| FOX Katy | 18 | 14 | 32 |
| GORZA Marie-Thérèse | 18 | 5 | 23 |
| HOLLERICH Hubert | 18 | 3 | 21 |
| MEYER Karin | 18 | 5 | 23 |
| SCHANNEL Nico | 18 | 6 | 24 |
| SCHUMANN Philippe | 18 | 9 | 27 |
| SPIELMANN Jenny | 18 | 8 | 26 |
| **Suffrages par liste/NOMINATIFS** | **162** | **90** | |
| **Votes de liste** | | | **252** |

| **Total** | |
|---|---|
| électeurs inscrits | 949 |
| bulletins dans urne | 881 |
| blancs et nuls | 66 |
| valables | 815 |

| | absolu | en % |
|---|---|---|
| **Total des votes valables possibles :** | **7.929** | **92,83** |
| VOTES EXPRIMÉS | 6.987 | 88,12 |
| LISTE 1 PIRATEN | 558 | 7,99 |
| LISTE 2 déi GRÉNG | 942 | 13,48 |
| LISTE 3 LSAP | 1.073 | 15,36 |
| LISTE 4 CSV | 2.102 | 30,08 |
| LISTE 5 KPL | 29 | 0,42 |
| LISTE 6 DP | 1.580 | 22,61 |
| LISTE 7 ADR | 451 | 6,45 |
| LISTE 8 déi LÉNK | 252 | 3,61 |
| | **6.987** | **100** |



**Wahlbüro 2**



**Wahlbüro 1**



**Eelst Wielerin: Mme Goerens mat 94 Joer**

# Rentnerfeier organiséiert vun de Frënn vum 3. Alter



**V.l.n.r.: Hanff Robert, Wagener Jules, Hilger Reina, Klemmer Pierre, Becker Fernande, Klopp Leni, Schmitz Arnold, Schaack Nelly, Berwick Jean, Wagner John, Schmit Yvonne, Diederich Françoise, Mons Nora, Welter Gilberte, Weber Lucie, Heck Colette, Berens Catherine**

Den 19. Dezember hate mir eis Chrëschtfeier mat Éierung vun eise Memberen.

Nom Mëttegiesse goufen eis 17 Membere geéiert, ier et op den Dessert lassgoung.

Geéiert goufen déi Memberen, déi 2018 e ronne Gebuertsdag gefeiert hunn, mä och déi vun 2017, well du keng Éierung stattfonnt hat. Et wor eng kleng Iwwerraschung fir eis Memberen.







# Ausgruewungen

## Uewerschieren: vun der Bronzezäit iwwer d'Réimer hin zu de Merowenger a Karolenger



### Virwuert

D'Ausgruewungen op den Nummeren 143 an 145 op der Haaptstrooss zu Schieren goufen tëscht dem 13. November 2017 an dem 30. Abrëll 2018 ausgefouert, ier do mam Bau vun der Residence „A Wonesch“ konnt ugefaang ginn. Déi wësseschaftlech Leedung hat d'Lynn Stoffel vum Centre National de Recherche Archéologique an de Responsablen um Terrain war den Iliya Hadzhipetkov vun Archéo Constructions S.A. D'Aarbecht um Terrain gouf och vu Mataarbechter vun dëser Firma gemaach. Den CNRA vu Bartreng huet déi finanziell Mëttele fir dës Ausgruewunge bereetgestallt.

### Wat hu mir do fonnt?

D'Ausgruewunge goufen op engem Terrain vu bal 1.450 $m^2$ gemaach. Nodeems déi ieweschst Schichte mat engem Bagger ofgedroe waren, sinn tëscht 0,7 an 1,4 Meter Déift éischt archeologesch Strukture fonnt ginn. Et huet sech séier erausgestallt, dass déi meescht Strukturen uerg vun Erosioun betraff waren. Déi eelste Strukturen waren dräi kleng Grouwen, déi aus dem Enn vun der Bronzezäit sou ëm 1300 bis 1100 viru Christus stamen. An all Grouf gouf e grousst Gefääss fonnt, dat warscheinlech als Begriefnesurn gedéngt huet.

Duerno, an der réimescher Zäit, gouf op dëser Plaz eent vun den Niewegebaier vun der Axialhaffvilla vun der Wiischen opgeriicht. Dëst Gebai hat 3 Bauphasen; an der éischter Phas gouf e Gebai vun 18 op 11 Meter aus Holz opgeriicht; d'Pottoslächer vun dëser Konstruktioun ware bis zu 2,15 Meter déif. Déi Bauweis ass charakteristesch fir den Ufank vun de réimesche Villaen aus der Regioun. Ähnlech Situatioune sinn och bei de Villaen zu Bartreng „Burmicht“ an zu Giewel „Miecher“ dokumentéiert ginn.

Tëschent dem 1. an dem 2. Joerhonnert huet déi zweet Bauphas ugefaang, wou am Ufank d'Gebai aus Holz duerch e Gebai aus Steen ersat gouf. Den neie Bau gouf an déiselwecht Richtung wéi d'Holzgebai orientéiert, hat awer eng Gréisst vun 20 op 11,5 Meter. D'Zerstéierung vun dësem Gebai steet warscheinlech a Relatioun mat de barbareschen Invasiounen an der 2. Halschecht vum 3. Joerhonnert.



**Grousst Pottoslach**



**Grouss a kleng Pottoslächer**

No der Zerstéierung vum Steegebai gouf op de Ruinen en neit Holzgebai mat deeneselwechten Dimensiounen opgeriicht, an dat war déi drëtt Bauphas. D'Iwwerreschter vun dësem Gebai si ganz schlecht erhalen, duerfir ka seng Geschicht nit rekonstruéiert ginn. Déi 3 ernimmt Gebaier waren alleguer an Nord-Süd-Richtung ausgeluecht. Et goufen awer just eng Rei Saachen aus der réimescher Period fonnt. Een intressant Beispill ass e Fragment vun enger Daachzill, op där en Ofdrock vun engem Déier erhalen ass.



**Réimesch Daachzill mat Déierenofdrock**

Net laang nom Enn vun dem leschte réimesche Gebai goung och déi réimesch Period hei am Land op en Enn an d'Mëttelalter huet ugefaang. Den Iwwergank tëschent dësen zwou Periode war net nëmme mam Ukomme vun enger neier Bevëlkerung verbonnen, mee och mat enger Ännerung vum Liewensstil vun de Leit. Ee schéint Beispill dovun hu mer hei um Ausgruewungsareal fonnt, wou déi grouss Gebaier aus Steen an aus Holz duech kleng Haiser an Haipen ersat goufen. Dës kleng Konstruktioune wäerten déi merowengesch a karolengesch Period zu Schieren beleeën. Aus dëser Period si 16 Konstruktiounen dokumentéiert. Déi meescht Gebaier op dësem Terrain, eng jett bis zu 1,2 Meter déif agegruewen, sinn tëschent 4 an 22 m$^2$ grouss a kënnen als Grouwenhaiser interpretéiert ginn. Si goufen an der Bautechnik „Flechtwerkwand“ gemaach. Hir Mauere goufen aus Holz, dat mat Leem verbotzt gouf, gemaach, an den Daach gouf mat Stréi iwwerdeckt.

Op der Basis vun dëse Gebaier goufe vill kleng a grouss Pottoslächer dokumentéiert. An de grousse Pottoslächer si Pottoe mat engem Duerchmiesser vu bis zu 30 cm erriicht ginn, déi den Daach an d'Mauere stabiliséiert hunn. An de klenge Pottoslächer stounge Pottoe vun 10 cm dran, déi d'Mauere stabiliséiert hunn. Eng Rei vun dëse Gebaier weist Spuere vu Reparaturen op. Wéinst dëse Reparature kann ugeholl ginn, datt en etlech vun dëse Gebaier bis zu 150 Joer al goufen.

Op Grond vun dëse bauleche Charakteristiken, der Positioun vun de Gebaier, esou wéi vun den Artefakten, déi fonnt gi sinn, kënnen dës Gebaier tëschent dem Enn vum 5. an dem 14. Joerhonnert datéiert ginn. Zu dëser Zäit sinn op der Kräizung vun der Haaptstrooss mat der Strooss „Beim Wäschbur“ déi éischt Haiser gebaut ginn, déi héchstwarscheinlech den Ufank vun der Bautätegkeet zu Uewerschieren markéieren.

## Wou gëtt nach weider ausgegruewen?

No dësem Chantier hu mir eng kleng Paus gemaach, an am Hierscht 2018 hu mer en neie Chantier op der Nummer 137 op der Haaptstrooss ugefaangen, also knapps 30 Meter vun der Ausgruewung vu virdrun ewech. Obscho mer do réischt an der Ufangsphas sinn, kënne mer do schonn d'Präsenz vun engem gutt erhalene réimesche Gebai vu 15 op 15 Meter, dat op d'mannst 4 Bauphasen opweises huet, e réimesche Wee an zwee Grouwenhaiser aus dem Mëttelalter festhalen. Parallel dozou ginn op der Wieschen awer och nach d'Ausgruewunge vum Véronique Biver a senger Ekipp un der Axialhaffvilla virugefouert.

*Iliya Hadzhipetkov*




**Feilspëtzt vu ± 2500 viru Christus**

## De Finanzminister Pierre Gramegna besicht déi réimesch Villa op der Wiischen

Op Initiativ vum Ministère de la Culture war den 3. Oktober eng Visite um réimesche Site zu Schieren, un där e bëssen iwwerraschend och de Finanzminister Pierre Gramegna deelgeholl huet. Hie war begleet vum Statssekretär fir Kultur Guy Arendt, deen iwwregens schonn e puermol zu Schieren war, a vum Gilles Lacour, Conseiller de Gouvernement. De Schierener Gemengerot war ënner anerem vertrueden duerch de Buergermeeschter André Schmit, den éischte Schäffen Eric Thill, d'Conseillere Camille Pletschette a Claude Mohnen an de Michel Putz vum Service Technique.



**Restauréiert Fragmenter vum Medaillon**

Den Alan Stead a seng Equipe haten de Site virbildlech preparéiert. All Ausgruewungsplaz war fir d'Besichtigung opgedeckt ginn an d'Weeër, fir dohinzekommen, ware mat Mulch propper zougänglech gemaach ginn. Vum Centre National de Recherche Archéologique (CNRA) waren de Foni Le Brun, d'Véronique Biver an d'Lynn Stoffel präsent, fir d'Visiteuren op déi verschidde Points chauds ze féieren an hinne sur place déi néideg Erklärungen ze ginn. De Verlaf vun der Visite huet sech du folgendermoossen ofgespillt:

- Als éischt goung et op den Norddeel vun der Villa, wou 2015 déi wäertvoll Wandmolereie fräigeluecht goufen, déi duerno zu Soissons am Frankräich restauréiert goufen, wou souguer de Grand-Duc Henri op d'Plaz kucke war. De restauréierte Medaillon war iwwregens engt vun de Pronkstécker 2018 an der ganzjäreger Ausstellung vun „Unexpected Treasures" am Naturmusée. Op der Plaz gouf och eng 3D-Maquette vum Zëmmer gewisen, fir datt d'Visiteure sech e Bild dovu maache konnten, wéi dat virun 1.700 Joer a Wierklechkeet ausgesinn huet. A Brochstécker ass an deem Zëmmer jo och nach den opwändege Foussbuedemheizungssystem ze gesinn, deen och als Protektioun vun deene Wandmolereie gedéngt huet. D'Leit kruten och nach de Raum direkt niewendru gewisen, deen 2018 fräigeluecht gouf, a wou ee sech och nach allerlee Intressantes erwaarde kann, grad esou wéi eng



**3D-Maquette vum Zëmmer**

  Tranchée, déi d'Wandmolerei vun engem drëtte Raum opweises huet, dee mat Wandmolerei eng Zort Marberimitatioun duerstellt.
- Duerno goung et weider an d'Mëtt vun der fréierer Villa, wou een eng Vue op de Sailegank hat mat op der Plaz nach zum Deel erhalene Sailestécker.
- Den Ofschloss vun der Visite war um südlechen Deel vum Haaptgebai. Do ass dee gréissten Deel vum Südfligel gewise ginn, deen am September 2018 wuel schonn an der Iwwerfläch fräigeluecht ginn ass, mee wou awer nach nit an der Déift gegruewe gouf. Do waren och nach d'Iwwerreschter vun e puer Kalleksiewen ze kucken, déi awer zäitlech nach nit am leschten Detail bestëmmt sinn. Nieft dem Fait, datt de Finanzminister impressionnéiert vum Site war, wat d'Dimensioun an d'Qualitéit vun de Fondstécker ubelaangt, wollt hien och nach e bëssen iwwer d'réimesch Baukonscht gewuer ginn. Sou huet hie Froe gestallt iwwer d'Roll vum Kallek a vum réimesche Mörtel, déi allen zwee zu de Schlësseselementer vun der Bauweis vun de Réimer gehéiert hunn.

D'Schlësselfro vun där Visite war awer lo: Firwat deplacéiert e Finanzminister sech op e Site wou, am 3. Joerhonnert vun eiser Zäitrechnung Réimer eng













Axialhaffvilla mat Dependenzie gebaut haten? Ouni déi allerlescht Äntwert ze kennen, muss een do mol e bësse méi wäit aushuelen. Fir all déi réimesch Fondsaachen, déi iwwerall am Land lo nach ausgegruewe ginn, ass am Musée National d'Histoire et d'Art (MNHA) nit Plaz genuch.An den zoustännege Ministère goufe sech da Gedanke gemaach, op wat fir eng Aart a Weis een de Leit déi Saachen anstänneg weise kënnt. Laut Commentaire vum Guy Arendt waren duerfir 3 Plazen an d'A gefaasst ginn, an zwar Viichten, Site vum grousse Mosaik aus dem MNHA, Duelem mat sengen Iwwerreschter vum réimeschen Theater, an zu gudder Lescht och Schieren. Bis elo war de Finanzminister sech awer just de Site vu Schieren ukucken, a laut Guy Arendt ass och keng Visite vun him zu Viichten oder Duelem virgesinn. Méi Konkretes ass awer fir den Ament nit bekannt, mee Schieren hätt schonn e puer gewichteg Argumenter unzeféieren.

Do wier emol fir d'éischt de Punkt, datt den Norden op kulturhistoreschem Plang och mol an de Genoss vun engem Musée sur site kéim, dee prestigiéis genuch wier, fir déi zoukënfteg Nordstad opzewäerten. Vu datt de Grand-Duc Henri och groussen Intressi un de





Wandmolereie gewisen huet, kënnt hie quasi vum Colmer Schlass aus op de Site kucken. Hien hat zu Soissons scho mol de Commentaire gemaach, eng Dauerausstellung vun deene wäertvolle Wandmolereie géif och Colmer gutt zu Gesiicht stoen. En drëtte wichtege Faktor ass awer och déi geografesch Lag vum Site direkt un der Nordstrooss. Eppes Dauerhaftes op dëser Plaz

géif Reklamm fir sech selwer maachen, do bräichte keng zousätzlech Ustrengunge gemaach ze ginn, fir Touristen dee Sujet méi no ze bréngen.

Wéi soll dat dann elo weidergoen? Ech mengen, do misst d'Gemeng Schieren lo mol (endlech) an deem Dossier méi aktiv ginn a probéieren, déi nei Kulturministesch mol op dee Punkt unzespriechen, probéiere mam Finanzministère dat Eisen ze verschaffen, soulaang et nach warem ass, a sech mat der Kulturkommissioun vun der Chamber a Verbindung ze setzen, wou mer mam Deputéierten André Bauler e ferventen Unhänger vum Réimersite zu Schieren sëtzen hunn. Déi zoukënfteg Generatioune géife fir esou eng Initiativ, wa se da realiséiert géif, alle Bedeelegten e grousse Merci ausschwätzen.

À bon entendeur, salut!

*Mil Goerens*







# Les forêts communales

Nos propriétés de forêts communales s'étendent sur une surface de 322 ha et sont gérées par l'Administration de la Nature et des Forêts, ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable.

Le triage forestier de Schieren se compose des communes de Schieren et de Nommern ainsi que des forêts régionales des établissements publics et des domaines étatiques. Les forêts publiques sont soumises au régime forestier par des lois et règlementations y relatives. L'équipe du triage de Schieren se compose de trois ouvriers forestiers ainsi que du préposé forestier, Schneider Gilles.

Leurs tâches principales sont l'exploitation des forêts, la protection de la nature, la sensibilisation du public et la surveillance en matières législatives.

Les forêts sont gérées durablement, ceci dit que le volume accroissant est supérieur au volume abattu. Ce principe garantit une évaluation respectueuse de nos forêts héritées de nos ancêtres, permettant à nos enfants de bénéficier également de ces ressources.

De plus, des postes de travail sont assurés dans la région et aucune dépendance envers des états tiers n'est causée.

Contrairement au fuel combustible, le bois est incinéré de manière $CO_2$ neutre. Par l'incinération du bois, la même quantité en $CO_2$ est mise à l'atmosphère que le bois a accumulé durant sa croissance. Cette quantité sera également mise à l'atmosphère si le bois dépérit sur le sol en forêt.

Une attention particulière lors de l'exécution des travaux en forêt est portée à la protection et à la conservation des structures socio-culturelles en milieu sylvicole. Un inventaire y relatif a été élaboré par l'Administration de la Nature et des Forêts en collaboration avec les musées et acteurs concernés. Ces genres de vestiges sont menacés surtout à l'intérieur du périmètre d'agglomération mais également en milieu ouvert, exploité par une agriculture intensive.

De plus, le volet de la protection et de la conservation de la nature et des ressources naturelles ainsi que des espèces et de leurs habitats joue à ce jour un rôle dominant dans l'exécution des travaux en forêt. À l'ère anthroprocène, des espaces naturels ou en état naturel sont devenus rares et par conséquent leur protection s'avère plus que jamais indispensable.

Ainsi, bon nombre d'arbres présentant des structures biologiques ont été classés « Arbres Biotope » et marqués d'un dispositif y relatif. Nous espérons voir conserver par ce geste une grande partie d'espèces de la faune mais également de la flore dépendant de bois mort ou dépérissant comme p. ex. : insectes, chauves-souris, loir, lérot, hiboux, fougères et mousses, oiseaux, …



De plus, des « îlots de vieillissement » ont été désignés en vue de minimiser l'impact de l'exploitation forestière et de laisser en libre évaluation ces espaces dont aucune exploitation forestière n'est réalisée.

La pression de l'être humain au milieu forestier augmente de plus en plus. Nos forêts sont visitées à des fins récréatives, promenade, exercices sportifs, marche gourmande, VTT, …, mais également par les acteurs agissant en forêt, chasseurs, propriétaires, service forestier, …

Afin de guider cet afflux, une sensibilisation adéquate s'impose. Ainsi, des activités sont proposées en collaboration avec des acteurs spécialisés. Un défi des acteurs agissant en milieu sylvicole sera de trouver le compromis entre le respect envers tiers et l'exercice des activités.

Pour de plus amples réflexions ou questions, le préposé de la nature et des forêts reste à votre disposition.

## Adresse service forestier :

**Triage de Schieren**

19, porte des Ardennes
L-9145 Erpeldange

Tél. : 621 202 159
gilles.schneider@anf.etat.lu



**Gilles Schneider (1er à dr.) et son équipe**

# Héich Auszeechnung fir de Mil Goerens


Den 10. November 2018 krut de Mil vun der Aktioun Lëtzebuergesch d'„Dicks-Rodange-Lentz"-Plaquette am Sëlwer iwwerreecht. De Mil reit sech domat an an eng ganz laang Lëscht vu Leit, déi sech fir d'Lëtzebuergescht agesat hunn.

Bis elo gouf déi gëlle Plaquette just 3-mol verginn:

1989 un den Henri Rinnen

2003 un de Lex Roth

2012 un de René Faber




D'Laureate vun der sëlwer Plaquette wore bis elo:

1984: Pierre Werner

1985: Tit Schroeder

1986: Chrétien Clement

1987: Will Flener

1988: Pir Kremer

1989: Will Reuland

1990: Norbert Weber

1991: René Kartheiser

1992: Néckel Kremer

1994: Mgr Jean Hengen a Mgr Fernand Franck

1995: Ger Schlechter a Pe'l Schlechter

1996: Pol Greisch

1997: Alain Atten

1998: Josy Braun

1999: Aloyse Raths

2002: Jeanine Theis-Krauth

2004: Fernand Lorang

2007: Emil Angel

2009: Iwwersetzergrupp „Bibel op Lëtzebuergesch" (Claude Bache, Fränz Biver-Pettinger, Jeannot Gillen, Carine Hensgen)

2010: Pol Pütz

2014: Christiane Ehlinger

2017: Gemeng Walfer (Bicherdeeg)

2018: Mil Goerens



D'Aktioun Lëtzebuergesch huet domadder de Mil geéiert fir säin Asaz fir eis Sprooch a besonnesch fir säi lescht Wierk, eng Trilogie, „Eiser Soen".

Dobäi handelt et sech ëm en Ausfluch an d'Soewelt vu Lëtzebuerg an de Grenze vu 1659. Dat war, ier Däitschland, Frankräich an d'Belsch eist Land ëm dräi Véierel verklengert hunn zu eisen heitege Grenzen.



ACTIOUN LETZEBUERGESCH - EIS SPROOCH

An senger Sëtzung vum 17. Juli 2018
huet de Comité
vun der « Actioun Lëtzebuergesch – Eis Sprooch »
eestëmmeg décidéiert, dem

*Mil Goerens*

d'Sëlwer Plaquette
*Dicks - Rodange - Lentz*
z'iwwerreechen,

als Merci
fir seng monumental Trilogie
« EISER SOEN »

Izeg, den 10. November 2018

de President, Claude Bache

de Sekretär, Patrick Kaell


An den dräi Bicher ginn 13 verschidden Theme beliicht: et geet dobäi ënner anerem ëm Hexen an Hexeprozesser, Helleger a Wonneren, Tempelritter, Gespenster a Geeschter.

Et kann ee scho vun engem monumentale Wierk schwätzen, well déi 3 Bicher ëmfaassen zesumme genee 2.046 Säiten.

Dat éischt Buch behandelt d'Kantone Wolz, Dikrech, Miersch, Lëtzebuerg an Esch.

Am zweete Buch ginn d'Kantone Klierf, Réiden a Capellen beliicht. Neibelgien an d'Province de Luxembourg an och ganz intressant d'Nimm vu franséischen, neibelschen a belschen Uertschaften fënnt een des Weideren an dësem Band.

Den drëtte Band schliisslech behandelt d'Kantone Veianen, Iechternach Gréiwemaacher a Réimech, donieft d'Nordwest an d'Südäifel. Och an dësem Band fënnt een d'Nimm vun däitschen Uertschaften op Lëtzebuergesch respektiv Äifeler Platt.






Opgelackert sinn all déi Geschichte mat immens vill Fotoen.

Al Fotoe wiessele sech mat moderne Fotoen of, fir déi de Mil Honnerte Kilometer ronderëm gefuer ass, fir seng Soen duerch d'Fotoe vun de Plazen opzelackeren.

Sollt nach deen een oder aneren un dësem Wierk intresséiert sinn, da kann en sech direkt un de Mil wenden.

Ofschléissend wëlle mer dem Mil awer och nach Merci soe fir säin Asaz bei eisem Louis an déi vill Artikelen, déi hien allegeuerten an eiser Heemechtssprooch geschriwwen huet.

Hien huet an all de Joeren, wou en derbäi ass, sou villsäiteg Theme wéi al Beruffer, Krichserënnerungen, al Haisernimm, d'Duerfliewen, déi vill Caféen hei zu Schieren, Ausgruewungen  asw. behandelt.

A sou wéi mir de Mil a säin Asaz kennen, ginn him d'Themen och bestëmmt an Zoukonft net aus.

*Guy Berwick*

## Distinction pour Mil Goerens

Le 10 novembre Mil vient de recevoir de l'association « Aktioun Lëtzebuergesch » la plaquette « Dicks-Rodange-Lentz » en argent et s'inscrit ainsi dans une longue liste de personnes qui se sont engagées pour promouvoir la langue luxembourgeoise.

L'association a honoré Mil pour sa trilogie « Eiser Soen » … une oeuvre monumentale de plus de 2.046 pages et qui reprennent des « contes, légendes et fables mythiques » de toutes les régions du Grand-Duché de Luxembourg dans les frontières de 1659 … donc avant que l'Allemagne, la France et la Belgique aient annexé de larges territoires et réduit notre pays aux limites actuelles.

*Guy Berwick*



# Noah, captivé par la langue japonaise

Fascinant, Noah Foeteler, alors âgé à peine de 17 ans, s'est pris d'admiration pour la langue japonaise qu'il a étudiée ensuite en autodidacte. Deux ans plus tard, il reste passionné et parle japonais !

L'histoire commence il y a deux ans, quand Noah regarde avec passion ces dessins animés « Manga », d'origine japonaise. Le son, la musique de la langue vont avoir un effet magique sur lui. Une drôle d'idée, l'adolescent va vouloir apprendre cette langue... qui compte 3 alphabets, avec des signes composés de graphiques.

Sur internet, il achète son premier livre et débute son apprentissage de la langue nipponne, alors qu'il est toujours étudiant au Lycée à Mersch. « Au début ce n'était pas évident, mais c'était un plaisir », raconte Noah dont les yeux pétillent quand il parle de sa passion. L'habitant de la rue Thibessart prend alors l'habitude de consacrer chaque jour en moyenne 1 heure à étudier le japonais. Il finit par dévorer six livres, soit 2.500 pages en deux années.

Lors des dernières vacances d'été, il ne prend pas la direction de la plage mais celle de Tokyo pour suivre deux semaines de perfectionnement dans la langue japonaise organisées par EF (organisation de cours de langues étrangères). À la descente de l'avion, il appréhende ce premier contact. C'est l'angoisse. Il ne s'est encore jamais exprimé en japonais. Mais très vite cette angoisse s'envole… Ses mots, ses phrases sont comprises et il comprend... C'est gagné ! Des autochtones le félicitent même de sa bonne intonation.

La vie sur place va le surprendre et l'apprivoiser encore un peu plus à la culture nippone, séduit par ce peuple qui organise une queue pour rentrer dans le métro. « Le respect est partout. Aucune cigarette, rien ne traîne par terre. Les Japonais ne vivent pas et ne pensent pas individuellement, mais ensemble », résume très bien Noah.

Au retour, le jeune habitant de Schieren poursuit son apprentissage. Son dernier travail a été d'assimiler le 3e alphabet du japonais. Il a cravaché deux mois pour y parvenir. Écrire une lettre exige presque un talent pour la calligraphie... Une langue peu envahie par des mots étrangers à quelques exceptions comme Kohi pour dire « café ». « L'écriture a une origine chinoise et la grammaire est totalement différente des langues européennes », explique l'étudiant.

## Étonnement de son père


Noah est en voie de terminer ses études au Lycée à Mersch et a pris la décision de les poursuivre dans un cycle de mathématiques à l'université de Vienne.



Du point de vue langue, le jeune habitant de Schieren ne souhaite pas s'arrêter en si bon chemin. Il connaît déjà pratiquement six langues et aimerait arrondir ce chiffre à… 10. La prochaine est déjà sur la table : ce sera l'espagnol ! Et dans son viseur, il y a le chinois, le russe, le néerlandais, le portugais…

« Cette sensibilité aux langues vient de notre système éducatif. Il permet d'ouvrir et m'a donné cette sensibilité aux langues étrangères. »

Tandis que son père Frédéric, surpris dans un premier temps par la passion de son fils, ne s'en étonne plus à présent. « C'est original et je ne l'ai jamais empêché. Il a même fini par m'influencer. Avant, je regardais toujours vers l'ouest, vers de nouveaux pays, pour organiser mes vacances. À présent, j'ai changé de côté. C'est de plus en plus vers l'est. À partir d'un certain âge, ce sont les enfants qui influencent le père… »



# Sportifs en herbe

## Mats, Gianni et Linus, les archers de Schieren

Le tir à l'arc, sport noble et discipline peu connue, est devenu une des passions de trois copains : Mats Jung, Gianni Zanier et Linus Kremer. Ils pratiquent ensemble ce sport au club d'Ettelbruck, la Flèche du Nord.

Deux fois par semaine, les trois copains font ressortir leur âme de «Robin des bois» en se rendant aux entraînements du club de tir à l'arc d'Ettelbruck, situé à proximité de l'abattoir. Les trois compères ont rapidement assimilé la technique. La cible à atteindre est postée à une distance de 20 mètres à l'extérieur et à 18 mètres à l'intérieur (l'entraînement et les compétitions se déroulent «indoor» durant l'hiver).

En tant que sport, le tir à l'arc nécessite des compétences de précision, contrôle, concentration, répétition et détermination. De la maîtrise de soi.

Chacun peut ainsi jauger son aptitude à contrôler son corps, comprendre les bases élémentaires du positionnement, déterminer son œil directeur.





«En compétition, chaque concurrent dispose de 2 minutes pour envoyer ses trois flèches (une volée) au plus près du centre de la cible», explique Mats qui assure n'avoir besoin que d'environ une minute et 10 secondes en général pour envoyer sa volée. Pour Linus, c'est 50 secondes et pour Gianni, 60 secondes, il a décroché la quatrième place au championnat «outdoor» en juin à Mondercange.

Mats a décroché la médaille d'argent du championnat national (minimes) disputé en février 2018. Il a été le premier des trois à pratiquer ce sport (c'est son voisin qui lui a mis l'idée en tête). Gianni a entendu pour la première fois parler du tir à l'arc en écoutant un CD et c'est resté dans sa tête. Et Linus l'a ensuite encouragé et convaincu à le suivre. Mais avant, Linus a d'abord participé à trois entraînements avant de se décider de pratiquer le tir à l'arc.





Linus a décroché la médaille d'argent de la catégorie minimes au championnat national disputé le 8 juillet dernier.

Alex Van der Meer, pompier volontaire à Schieren, entraîneur aussi de tir à l'arc, n'est pas étranger à la vocation des trois sportifs du village …

Et les trois copains aimeraient susciter d'autres vocations à Schieren. Avis aux amateurs.

# Natur erliewen an der Gemeng Schieren

**D'Gemeng Schieren an de SICONA invitéieren op hir Ëmweltnomëtteger fir Kanner vun de Cyclen 2-4 ënnert der Leedung vum Nicole van der Poel, guide nature.**

## 20. September 2018 – Feierkichen/*Cuisiner sur feux ouvert*



Bei der éischter Aktivitéit vum neie Schouljoer war de Grupp méi kleng. Mee dat gebrutschtent Uebst huet deene 4 awer ganz gutt geschmaacht.



## 23. Oktober 2018 – Rommelsgeschichten/*Visages de betteraves*

14 Kanner hate bei der Aktivitéit „Rommelsgeschichten" matgemeet.









D'Animatrice Nicole van der Poel hat e Kuerf Rommelen an dat néidigt Geschir matbruecht. Mat Begeeschterung hunn d'Kanner hir Rommel ausgehielegt a jidderee wollt deen éischte fäerdeg sinn an dat schéinste Rauliicht hunn.



## 20. November 2018 – Mir maachen e Lagerfeier – Verdeelung vun den Ëmweltdiplomer/*Feu de camp avec remise des diplômes*

19 Kanner hate sech ugemellt, fir un dëser leschter Kanneraktivitéit vum Joer matzemaachen, 9 dervun waren aus der Maison Relais, begleet vun engem Educateur.

D'Kanner hu fläisseg Äscht gesammelt fir d'Lagerfeier. Bei deem kale Wieder war e Feier dat Richtegt an d'Kanner konnte sech vun Zäit zu Zäit e bësschen opwiermen.

Wéi bis eng Glous do war, hunn d'Kanner sech un engem Béngel hiert Bréitche gebak, an dat huet gutt geschmaacht.

Zum Schluss vun dëser Aktivitéit goufen d'Ëmweltdiplomer verdeelt.







Fir den Ëmweltdiplom ze kréien, hunn d'Kanner missen u mindestens 4 Aktivitéiten deelgeholl hunn.

- 6-mol do waren: Beckers Jackie a Carreira Mateo
- 5-mol do waren: Albersmeyer Neele, Beckers Sophie, Ludovicy Hannah a Melo Moreira Jennifer
- 4-mol do waren: Hansen Kathrine, Lutgen Charel a Venancio Postel Keryan

Aus der Maison Relais hu 45 verschidde Kanner un den Ëmweltnomëtteger vum Joer 2018 deelgeholl.

De Responsablë vun der Maison Relais e grousse Merci fir dës gutt Zesummenaarbecht.

*Fotoen an Text: Camille Pletschette*



# Molconcours fir den Deckel vum Offall- a Manifestatiounskalenner 2019

Op Initiativ vum Klimateam gouf e Molconcours un d'Schoulkanner vun de Cyclen 3 a 4 ausgeschriwwen. Am virgeschriwwenen Zäitraum goufen 43 kleng Meeschterwierker an der Gemeng ofgeliwwert.

Alle Kanner, déi beim Molconcours matgemeet haten, e grousse Merci fir hir kleng Konschtwierker, déi si mat Begeeschterung a mat vill Méi op de Pabeier bruecht hunn.




Aus Plazgrënn kënne just déi dräi éischt Präisser publizéiert ginn:

1. Präis: Emilie Alba, Cycle 4
2. Präis: Ghirelli Lynn, Cycle 3.2
3. Präis: Goncalves Oliveira Catarina, Cycle 3.2

Eng Méiglechkeet, déi aner Molereien ze weisen gëtt et am Reider am Park, wou eng Säit der Schierener Schoul gehéiert. Fir eng gewëssen Zäit kann och d'Säit vun der Ëmweltkommissioun zur Verfügung gestallt ginn.



1. Präis


2. Präis


3. Präis

# Den Iwwergang vun doheem an d'Crèche

Wann e Kand soll an eng Betreiungsstruktur goen, da geschitt dat net vun haut op muer, mee dat erfuedert eng Iwwergangsphas, déi mer Agewinnung nennen. Dës Zäitspan ass wichteg, well dem Kand soll déi Zäit an Opmierksamkeet zoustoen, déi et brauch, fir vum elterlechen Doheem an en neit Ëmfeld iwwerzegoen.

Fir e klengt Kand sinn dat riseg Schrëtt, déi et gëllt virbereet a lues a lues unzegoen. Dofir gesi mer op d'mannst 2 Woche vir, an deenen d'Kand stonneweis an d'Crèche kënnt an am Ufank vun engem Elterendeel oder enger Bezugspersoun begleet gëtt. Dës Transitiounsphas gëtt am Virfeld mat den Eltere geplangt a wann néideg och während der Agewinnung ugepasst. Eis Virgoensweis ass ugelehnt un de „Berliner Eingewöhnungsmodell".

Zil vun enger gelongener Agewinnung ass:

- dass d'Kand säin neit Ëmfeld ka kenneléieren
- dass d'Kand déi Zäit kritt, déi et brauch fir unzekommen
- dass d'Kand eng Vertrauensbasis ka mam Referenz-Erzéier opbauen, duerno mat all den Erzéier aus sengem Grupp
- dass d'Kand déi aner Kanner aus dem Grupp ka kenneléieren an och zu de Kanner eng Bezéiung opbaut





- dass d'Kand léiert, ouni seng Elteren an der Crèche ze bleiwen
- dem Kand senge Bedierfnisser vu Sécherheet an Halt gerecht ze ginn
- dem Kand säi Wuelbefannen a Rhythmus ze z'ënnerstëtzen
- dem Kand seng Kompetenze kennenzeléieren

Och fir d'Elteren ass dëst e wichtegen Aschnëtt an hirem Liewen, well et geet dorëms, Famill a Beruff ënnert een Hutt ze kréien. Dofir bedeit d'Agewinnungsphas vun hirem Kand fir d'Elteren:

- d'Personal kenneléieren a Vertraue faassen
- eng Bildungspartnerschaft mat den Erzéier grënnen
- kenneléiere vun der professioneller Haltung an der Aarbecht vum Erzéier an der Crèche
- léiere lassloossen vun sengem Kand an et an d'Garde vun anere ginn
- Trennungsängscht net opkomme loossen
- dem Kand Zoutraue schenken

Mat dësem Artikel hoffe mer, de Leit en Abléck an d'Aarbecht vum Erzéier an enger Crèche ginn ze hunn a wënschen allen zukënftege Kanner eng wonnerschéin Zäit an der Crèche Bim Bam.

*Team Bim Bam*





# Multikulti-Rallye der Maison Relais

Die Maison Relais unternahm im Sommer mit den Schierener Kindern eine Entdeckungsreise in die Hauptstadt Luxemburg.

Organisiert wurde das Ganze von einer sozio-edukativen Theologin, die im Auftrag des Trägers Elisabeth arbeitet, in Zusammenarbeit mit den Erziehern der Maison Relais Rousennascht.

Ziel des Vorhaben war es, den Kindern auf eine spielerische Art und Weise unsere Hauptstadt und ihre kulturelle Diversität zu zeigen und ein wenig von der Geschichte Luxemburgs zu vermitteln. Dabei sollten sie den Umgang mit einem Stadtplan erlernen und auch wichtige Gebäulichkeiten der Stadt kennenlernen. So konnten die Kinder selbst sehen, wie vielseitig und multikulturell unsere Hauptstadt ist und dass trotz verschiedener Kulturen und Religionen, ein friedliches Miteinander möglich ist.

Auf dem Besichtigungsprogramm standen der Bockfelsen, das Palais Grand-Ducal, der Stadtpark, die Bahai-Gemeinschaft, die Synagoge, die Kathedrale, die russisch-orthodoxe Kirche, die „Méchelskierch" und die „Gëlle Fra".

Die Kinder haben sich in 3 Gruppen aufgeteilt und erhielten jeweils einen Stadtplan, der die Innenstadt Luxemburgs darstellte. Auf diesem war eine Route eingezeichnet, die sie selber finden mussten. Zudem haben sie ein Handout bekommen, auf dem mit Bildern und Texten der Parcours erklärt wurde.





Um das Abenteuer noch anzufeuern und interessanter zu gestalten, durften die Kinder ein abwechslungsreiches Quiz mit 35 markanten Fragen über die einzelnen Besichtigungspunkte beantworten. Mit großer Begeisterung haben sie gegrübelt und versucht, die Antworten darauf zu finden.

Ein weiteres Highlight der Wanderung war für die teilnehmenden Kinder der Abstecher auf den großen Spielplatz im Stadtpark mit seinem schönen Piratenschiff. Bei herrlichem Wetter wurde das Mittagessen im Stadtpark eingenommen. Für den Transport wurde der Zug, die Tram und die Standseilbahn „Funicular" in Anspruch genommen.

*Maxime Schloesser*

## Cycle 1 Précoce A

Titulaires : Véronique Ludovicy / Pauline Heitz

Badic Dzejla, Balazadeh Patrick, Furtado Correia Edgar, Ludovicy Lena, Schloesser Claude, Simon Mats, Wagner Petit Léon, Recken Meisch Lucca, Dalfino Loan



## Cycle 1 Précoce B

Titulaires : Rosanna Leone, Marisa Macedo, Jessica Toisul

Drustinac Hana, Kraus Leo Jean, Toussaint Léo, Leone Rosanna, Rosati Alessio,

Pereira Macedo Marisa, Afonso Vaz Iris, Rogriques Marinho Enzo Lucas, Melmer Mett, Alves Abigaïl, De Sousa Silva Matilde



## Cycle 1 A Titulaires : Paula Barros / Joëlle Kolber

**Al Omar Abdullah, Babacic Neila, Ferrari David, Hansen Nicolas, Hoffmann Marie, Latic Tarik, Melo Moreira Bryan D., Mert Borsch Deniz, Perreira Diego, Pinto de Almeida Martim, Queta Louana Ndéye, Schaul Weber Sam, Schilling Johanna, Schroeder Lou, Toussaint Julien**




## Cycle 1 B Titulaire : Jessica Reiser

**Afonso Duarte Alex, Afonso Vaz Mathias, Ahmatovic Sumeja, Albersmeyer Finja, Baur Lyam, Cabral Fernandes Mayara, Da Cruz Vale Diego, Ferreira Martins Ilan, Kayser Julie, Melnyk Oleksandr, Recken Meisch Cedric, Schroeder Ben, Venâncio Postel Naela, Vilas Boas Martins Diego, Zahitovic Damir**



## Cycle 1 C  Titulaire : Martine Scheuren

**Alegre Pauwels Levi, Bartholmé Nikolay, Castro Cardoso Kelly, Correia Mendes Beatriz, De Barros Ribeiro Rodrigo, Gama Mendes Matilde, Latic Lina, Leite da Vinha Clayton, Migueis Lessa Mathilde, Monteiro Rico A. Filipa, Mossong Jayson, Oliveira Teixeira Kevin, Penin Sarah, Rodriguez da Cruz Kataleya, Rosati Milio, Santos Pires Alynne**



## Cycle 2.1 A  Titulaire : Blanche Weber

**Apolinario Claro Matilde, Beckers Mathieu, Correira Mendes Laura, Cunha Lopes Lara, Fisch Charel, Gomes Quinteira Rodrigo, Hansen Malou, Hoffmann Fleur, Jung Philip, Kayser Sophie, Kocan Mediha, Lopes Almeida Maylon, Lutgen Felix, Rodrigues Ferreira Thäis, Rodrigues Pereira Ariana, Schaul Weber Max**



## Cycle 2.1 B Titulaire: Leone Giusy

**Abdiu Adam, Balazadeh Claire, Büchler Katrin, Cunha Lopes Leandro, Da Silva Do Rosario Luna, El Mir Rabia, Guedes Da Silva Matilde, Hever Nnamdi, Hoffmann Lucie, Kraus Hanna, Laureano Pires Lara, Micket Cedric, Monteiro Rodrigo, Pinheiro Tavares Luana, Sousa Neves Raphael, Venâncio Postel Maely**



## Cycle 2.2 Titulaire: Pascal Hoffmann

**Oben v.l.n.r.: Keyla Dias, Aysr Alomar, Jennyfer Melo Moreira, Daria Pechon, Daniel Goncalves Oliveira, Gabriel Martins, Rodrigo De Sousa Silva**

**Unten v.l.n.r.: Hannah Ludovicy, Luca Neves Teixeira, Emily Noronha Nascimento Afonso, Angelino Paiva Martinho, David Rocha Dias, Diogo Mendes Felix, André Marques Ferreira, Diego Barros Malheiro, Hoffmann Pascal**



## Cycle 3.1 A **Titulaire: Diane Richartz**

**1. Rei v.l.n.r.: Rodrigo Lavandeira Bastos, Charel Lutgen, Keryan Venancio Postel, Nahla Muric, Leticia Dos Santos Antunes**

**2. Rei v.l.n.r.: Amar Babacic, Jean-Baptiste Kettmann, Mateo Carreira, Kathrine Hansen, Charlie Hoffmann, Neele Albersmeyer, Ilana De Sousa, Yasmine Selmane**



## Cycle 3.1 B **Titulaire: Erika Secundo**

**Beckers Sophie, Baustert Chiara, Oliveira Feiteira Iara, Monteiro Mascarenhas Elissa, Ramos Monteiro Marcia, Mendes Varela Elysan, Petrov Popov Lidia,**

**Micket Luc, Furtado Correira Dilson, Baur Geane, Kraus Mathis, Monteiro Moniz Tiago**



## Cycle 3.2 Titulaire: Myriam Stüren

**Almeida Dos Santos Romeo, Barros Rocha André Filipe, Barros Rocha Diogo Miguel, Da Cunha Paulo Nitto, Da Luz Lopes Stanley, De Barros Ribeiro Filipe, Dos Santos Antunes Joel, El Mir Ibrahim Khalil, Ghirelli Lynn, Gomes Morais Kian, Gomes Silva Jessica, Goncalves Lopes Lisa, Goncalves Oliveira Catarina, Goncalves Pereira Matthew, Kocan Medin, Lopes Mendes Cintia, Macedo Moura Dylan, Noronha Nascimento Alfonso Ismael, Pina Pinho Gonçalo, Pinho Oliveira Claudia, Rastoder Emina, Rodrigues Gonzalves Catia, Santos Pina Sidney**



## Cycle 4.1 Titulaire: Julie Nosbusch

**Jung Selma, Da Cunha Viana Matilde, Steffen Dragomir Alexandra, Gomes Quinteira Joana, Pereira Lopes Lucas, Melo Moreira Diogo Alexandre, Freira De Andrade Aaron, Kremer Madita, Alfonso Duarte Dilan, Mendes Quintans Naim, Nosbusch Julie**

**Schaus Rick, Cunha Lopes Karina, Gonçalves Teixeira Joana, Ferreira Lucas Dinis, Pechon Damien Maite Sergei, Bachir Teixeira Liyhana, Tano Melissa**



## Cycle 4.2 A Titulaire: Sabrina Thill

Thill Sabrina, Alexandre Neves Ilan, Brauer Kilian, Schmitz Lenn, Kocan Kenan, Baptista de Sousa Leandro, Beffort Lima Loïc, Clement Jerrik,

Wickler Mara, Rodrigues Alessia, Marques Ferreira Elisabete, Monteiro Mascarenhas Nelissa, Ferreira Simao, Sun Yang, Ribeiro Alves Gabriel, Belukha Coelho Valério



## Cycle 4.2 B Titulaire: Joëlle Bernard

Oben v.l.n.r.: Bernard Joëlle, Pereira de Sousa Bea, Barros Malheiro Soraia,

Jordao Gomez Lana, Santos Pires Mayra, Kuster Chloé, Beckers Jackie, Alba Emilie

Unten v.l.n.r.: Pinheiro Cruz Kaio, Martins Gonzalez Hugo, Selmane Aymen, Herrmann Charel, De Barros Ribeiro Tiago, Afonso Duarte Ruben



# De SICONA an d'Schierener Schoul maache Viz









Op Nofro vun der Schierener Schoul beim SICONA, fir mat verschiddene Schoulklasse kënne Viz ze maachen, gouf dëse Wonsch vum SICONA positiv beäntwert.

Op der Sich no den Äppel gouf sech op de Bongert vis-à-vis vun der Sportshal festgeluecht. Fir dass op deene geplangte Nomëtteger och nach Äppel un de Beem wieren, goufe mam Accord vum Schäfferot 4 Beem fir d'Schierener Schoul reservéiert.

Mëttwochs, den 3. Oktober war de Cycle 2.1A, d'Klass vum Blanche Elcheroth-Weber, begleet vun der Joffer Mireille Faber, am Bongert.

Mat Begeeschterung hunn d'Kanner Äppel geraf, se gehollef wäschen, schneiden, muelen, an de Kelter schëdden an auspressen. All hunn se op den éischte Viz gegamst, sou direkt vum Kelter ass dat eng Delikatess. Zum Schluss konnt nach jiddereen eng Fläsch mat heem huelen.

Freides, de 5. Oktober war de Cycle 2.1B, d'Klass vum Giusy Leone, mat der Joffer Mireille Faber an dem Nicole van der Poel am Äppelbongert.

Mëttwochs, den 10. Oktober war de Cycle 3.1A, d'Klass vum Diane Richartz, mam Patricia Gilson an dem Nicole van der Poel am Bongert fir Viz ze maachen.

*Fotoen: Mireille Faber a Camille Pletschette*









# Mobilitéitswoch 2018 – Projet fir d'Schüler mat der Schoul

## Mir maachen eng Schlaang vu Schieren bis op xyz

Als Motivatioun fir d'Schüler, souvill wéi méiglech ouni Auto mee zu Fouss, mam Velo, der Trottinette oder wéi se hir mobil Ënnersätz och nach nennen, an d'Schoul ze kréien, koum d'Iddi an der Mobilitéitskommissioun: kommt, mir maachen eng Schlaang aus den zréckgeluechtene Kilometer an der Mobilitéitswoch.

Als Distanz hu mer, fir et e bëssen ze vereinfachen, gesot, jiddereen, deen ouni Auto an d'Schoul kënnt, kritt 500 Meter pro Wee vun doheem bei d'Schoul ugerechent an dat och rëm vun der Schoul bis heem. Dat wiere pro Dag bei engem Schüler, dee mëttes heem iesse geet oder fiert 4x500 m = 2 km pro Dag. Dëst kënnt ee gudden Ureiz sinn, fir den Autosverkéier ëm d'Schoul ze reduzéieren.

Dëse Virschlag ass ganz positiv vum Léierpersonal ugeholl ginn, an d'Schüler ware voll motivéiert, fir bei där Aktioun matzemaachen, a si hunn souguer drop gehalen, dat bis d'Allerhelljevakanz ze verlängeren.

Erstaunlich, wat dobäi u Kilometeren zesummekoum. Ee Glidd vun der Schlaang ass 1 km.





- *Cycle 1 (gréng): mat 554 km*
- *Cycle 2 (giel): mat 488 km*
- *Cycle 3 (rosa): mat 581 km*
- *Cycle 4 (blo): mat 974 km*



No der Allerhelljevakanz, nodeems d'Jongen aus dem Atelier d'Schlaang opgehaang haten, kruten d'Léierpersonal an d'Schüler, déi bei dësem Mobilitéitsprojet matgemeet haten, en décke Merci gesot fir hir grossaartig Leeschtung. Si kruten och mat op de Wee, weiderhin souvill wéi méiglech ouni Auto an d'Schoul ze kommen.



*Fir d'Mobilitéitskommissioun*
*Camille Pletschette*

# Mobilitéitswoch vum 16. bis den 22. September 2018





Déi 6 Nordstadgemengen hate fir dëst Joer e gemeinsame Mobilitéitsprogramm ausgeschafft.

## Autofräie Sauerdall

Den Ufank war sonndes, de 16. September mam „Autofräie Sauerdall", dee säit Joere vun de Gemengen Ierpeldeng a Buerschent organiséiert gëtt. Fir de Start um 11 Auer haten déi 6 Gemengeréit sech Rendez-vous um Millewo ginn. Den Andrang huet sech allerdéngs a Grenze gehalen, d'Gemeng Schieren war mat dräi Leit do nach respektabel vertrueden.

## Spadséierwee vum Dag

De Spadséierwee vum Dag stong fir déi ganz Mobilitéitswoch am Programm, ugefaang mat méindes zu Colmer-Bierg, dënschdes zu Schieren duerno Ettelbréck, Ierpeldeng, Dikrich a Bettenduerf. De Spadséierwee vum Dag war sou rausgesicht, dass d'Leit mam ëffentlichen Transport op de jeeweiligen Ausgangspunkt konnte fueren.

Mat engem Klick op den Tracé konnt een sech de Spadséierwee vum Dag ukucken, dat funktionéiert lo zwar nit méi.

D'Norstadlinnen 509 a 512 an de Citybus Ettelbréck waren an der Mobilitéitswoch gratis.



Foto: Olivier Halmes











Als Lokalaktivitéit hat d'Ëmwelt- an d'Mobilitéitskommissioun vun der Gemeng Schieren dënschdes op en Trëppel- a Velostour invitéiert.

Fir den Ofschloss vun der Mobilitéitswoch, samschdes, den 22. September haten d'Gemengeréit sech um 11 Auer Rendez-vous an hirer Gemeng ginn, fir no enger Foto e Velostour ze maachen.

Den Départ virum LS-Sports den 22. September zum „Autofräien Dag" an de Gemenge Colmer-Bierg, Schieren an Ettelbréck, op der Streck Ettelbréck iwwer Grenzen, Biirtreng, Welsdref a Colmer.

Zu Ettelbréck war d'Police um Stand präsent an hei konnten d'Leit hire Velo codéiere loossen, dobäi gouf eng Nummer an de Kader geléisert. De Velo ass bei der Police enregistréiert, wat eng Hëllef ass, wann de Velo mol sollt geklaut ginn.

## Tour du Duerf

D'Gemeng Schieren huet sech dëst Joer fir d'éischte Kéier beim„Tour du Duerf" ugemellt. Den„Tour du Duerf" gëtt all Joer vum Verkéiersverbond an dem Klimabündnis organiséiert. Nodeems een sech eemol beim „Tour du Duerf" enregistréiert hat, konnt een all Dag seng Kilometeren, déi ee pedaléiert ass, androen, och konnt ee jidderzäit gesinn, wéivill Leit sech enregistréiert haten a wéivill km deen Eenzelnen oder d'Equipe um Kont hat.

Hei zu Schieren hate sech 7 Cyclisten an 2 Equippen agedroen. An deenen dräi Woche goufen 1.679 Kilometer gefuer, wat eng $CO_2$-Erspuernis vu 24 kg erginn huet.

Beim „Tour du Duerf" 2018 hunn 33 Gemengen hei zu Lëtzebuerg matgemeet.

*Fotoen an Text: Camille Pletschette*

# Marché de Noël à l'école de Schieren (30.11.2018)















Cette année tous les enfants de l'école de Schieren, du précoce au cycle 4, se sont réunis et ont organisé en collaboration avec leurs enseignants, le comité des parents, les ouvriers communaux, la Musique et des volontaires parmi les parents et la commune, un marché de Noël au sein de l'école. Tous les habitants de Schieren étaient invités.

St Nicolas avait annoncé sa visite pour 19h15. L'excitation chez les enfants était palpable.

Plein de décorations, biscuits et d'autres accessoires étaient à vendre. Les grands enfants ont aidé à la vente.

Le marché de Noël a débuté à 17h30 dans une ambiance chaleureuse et accueillante avec des feux et lumières qui arboraient la cour de l'école.

Le comité des parents et ses volontaires s'étaient proposé de participer à ce succès en gérant la distribution du manger et des boissons.

Les ouvriers communaux avaient au préalable installé les tentes et les bancs avec l'aide des enseignants. Ainsi les quelques gouttes de pluie n'ont pas endommagé les réalisations des enfants.

Peu à peu la cour de l'école s'est remplie. Grands et petits y trouvèrent leur plaisir.

Vers 19h00 la Musique s'est installée en attendant l'arrivée de St Nicolas. Les enfants du cycle 2 prirent place sur le podium.

St Nicolas est arrivé avec le Père Fouettard à ses côtés. M. Nickels adressa quelques mots de bienvenue à St Nicolas. Les enfants du cycle 2, accompagnés de la Musique, chantèrent leurs chansons apprises en classe. St Nicolas s'est installé sur son fauteuil et admira les belles décorations que les enfants ont réalisées pour sa venue.

Chaque enfant présent est passé chez St Nicolas et a reçu un sachet de gourmandises.

Ce fut une belle opportunité de rencontre et d'échange autour d'un feu et un vin ou chocolat chaud.

Le Nordliicht TV a fait un petit reportage illustré sur le marché de Noël.

*Le personnel enseignant*

# Virbildlech Schierener Fraen a Mammen

Chapeau à un nombre restreint de femmes qui se sont dévouées à aller faire la quête aux portes dans leurs localités respectives, et ceci au profit du Caritas Challenge. Elles ont, malgré leur petit nombre, réussi à collecter la somme impressionnante de 9.509 euros au profit des enfants désavantagés. Le fait remarquable de ce geste est que pas moins de quatre dames de Schieren figuraient parmi les huit participantes à remettre le chèque à Madame Marie-Josée Jacobs, présidente de Caritas Luxembourg.



Nit fir näischt koumen am November déi Fraen zu Éieren, déi sech nit ze schued sinn, fir an hiren Uertschafte vun Dier zu Dier schellen ze goen a fir déi sozial Wierker vun der Caritas ze heeschen. Et fält op, datt nach just e puer wéineg Uertschaften am Land sech do dru bedeelegen, an deenen Damme si mer alleguer e grousse Respekt schëlleg. Wéi Dir hei op der Foto kënnt gesinn, iwwerreechen déi Dammen der Presidentin vun der Caritas, dem Marie-Josée Jacobs, e Scheck iwwert 9.509 Euro. Bei dëser Feier waren och déi véier Damme vu Schieren derbäi, an zwar d'Magda Blasius, Irma Feipel, Henriette Matthias an Thérèse Storck. Duerno konnte si alleguer am Caritas-Buttek op der Plaz gesinn, wéi benodeelegt Kanner, Jugendlecher an hir Familen bëlleg Liewensmëttelen akafe kënnen.

# Fraen a Mammen Schieren

## Hierscht 2018

De 14.07. hu mer kierperlech handicapéierte Leit an hire Betreier e Stéck Taart an eng Taass Kaffi servéiert.

Den 11.09. war eise Pilgerdag op Banneux.

Moies, de 27.09., si mer an d'City Concorde gefuer, fir e bësschen an de Geschäfter ze stöberen. Duerno si mer d'APEMH zu Betten un der Mess an zu Lampech besiche gaangen a ware ganz iwwerzeegt vun der gutt gefouerter Institutioun. Fir den Dag ofzeschléissen, si mer zesummen e gudde Maufel iesse gaangen.

Den 23. Oktober stong eisen traditionellen, besënnlechen Hierschtnomëtteg um Programm. No der gemeinsamer Mass huet den Dr. Jean Claude Leners eis e ganz intressante Virtrag iwwert d'Flegeversécherung gehalen.

Den 1. Dezember hate mir d'Adventsfeier fir eis Memberen.

Hellegowend hu mer, wéi all Joer, Glühwäin no der Mass servéiert. Den Erléis ass fir e gutt Wierk.

# Fussball

## Poussins




1. Rei (knéiend): Justin Fluit, Kian Morais, Dylan Moura, Stanley Lopes, Sidney Pina, Diogo Rocha
2. Rei (stoend): Nitto Cunha, Lucas Pereira, Johny Silva, Jorge Carvalho (Trainer), Luis Vila Verde, Romeo dos Santos, Matthew Pereira

## Pupilles



1. Rei (knéiend): Geane Baur, Aysre Alomar, Luca Neves Texeira, Daniel Goncalves Oliveira, Angelino Pavia Martinho
2. Rei (stoend): Keryan Venancio Postel, Rafael Nogueira Lisboa, Rodrigo Lavandeira Bastos, Sofian Benhara, Charel Lutgen, Enzo Alba (Trainer)

## Schierener Bullemettien – 5. Tournoi: samsdes, den 13.10.2018



74 Spiller hate sech samsdes moies nom Kaffi am Géier afonnt, fir de 5. Pétanquestournoi vun de Schierener Bullemettien ze spillen.

Den Tournoi wor organiséiert fir lizenzéiert Spiller an d'Schierener Veräiner, d'Leit aus dem Duerf an Ëmgéigend.

Fir e reibungslosen Oflaf hu missten 20 Terrainen à 3 Meter breet an 13 Meter laang gezeechent ginn.

Ab 10 Auer sinn 2 Manchen à 45 Minutte gespillt ginn.

Vun 12 Auer bis halwer zwou gouf et Apero a Spezialitéiten aus dem Montenegro.

Bei herrlechem Wieder goufe mëttes nach 2 Manchë bis 13 Punkte gespillt.

Den Tournoi gouf gewonne vum Marcel Frising an dem Diamantino Guerreiro virum Raymond Bartholme an dem Bui van Hung.

No der Präisverdeelung wor „Après Pétanque" bis an de spéiden Owend.



Et wor e volle Succès.

E grousse Merci un d'Organisateuren, d'Spiller an d'Frënn vun de Bullemettien.

Eng 6. Editioun ass 2019 erëm am Hierscht geplangt.

*Fir d'Schierener Bullemettien*
*Rom Goerens*

## Ofschloss vun der Summersaison mam „Tournoi Marcel Nilles"

No enger Vakanz hu mer d'Summersaison traditionell mat eisem „Tournoi Marcel Nilles" am September ofgeschloss. Mat 37 Inscriptioune waren d'Terraine vum 14. bis den 23. September 9 Deeg laang gutt beluecht. Mir hate bei den Damme wéi bei den Hären een 1.-Elite- souwuel ewéi och een 3.1-Tableau. Donieft gouf et och nach een 1.-Elite-Doubles-Mixtes-Tableau, wou mer vill flott Matcher gebuede kruten.

De Jeff Kunsch huet den Tableau 1. Elite bei den Hären am Simpel gewonnen an d'Gina Veyder bei den Dammen. Den 3.1.-Dammen-Tableau huet d'Laura Vedyer gewonnen a bei den Hären den Edward Slajs. Den Doubles-Mixtes-Tableau hunn d'Anne Grethen an de Christian Schleck gewonnen. Op dëser Plaz soe mir dann och all de Leit, déi eis wärend dem Tournoi gehollef a supportéiert hunn, nach eng Kéier ee grousse Merci.

De 16. November hu mer wéi gewinnt eis Generalversammlung an engem gutt besichtene Clubhaus ofgehalen. Ausserdeem hate mer de 24. November nach déi 1. Editioun vum „Kniddelowend".

Elo lafen d'Preparatioune fir de Mätschbal(l), de 25. Januar 2019. Mir invitéieren all eis Memberen an d'Frënn vum Schierener Tennis, e flotten Owend am Clubhaus mat eis ze verbréngen. Fir gutt Stëmmung, Iessen a Gedrénks ass wéi ëmmer gesuergt.

*Fir den TC Schieren*
*Laura Thill an Ann Zeimes*

# Ausfluch vun der Chorale a Bayern vum 03.09.-07.09.2018

Den Depart war moies fréi den 03. September 2018 zu Schieren, an nodeems mer zu Wattenheim Kaffispaus gemaach haten, goung et weider op **Sinsheim**, wou eng Besichtegung vum **Auto-an-Technik-Musée** stoung. Impressionnant war et, duerch d'Concorde an duerch d'Tupolev ze trëppelen an eis den Interieur an de Cockpit vun dëse Fligeren unzekucken. Niewent 60 Fligeren, 300 Oldtimer, 40 Renn- a Sportsween, Damplokomotive konnte mer och déi gréissten Danz-Uergel vun der Welt gesinn.










Nom Mëttegiessen am Restaurant vum Museum ass d'Rees da weider op **Nürnberg** gaang, wou mer am Ringhotel Loew's Merkur am Stadzentrum aquartéiert waren.

De 04.09. stoung d'Visite vun **Nürnberg** um Programm, wou mer deelweis mam Bus, deelweis zu Fouss déi schéi Stad konnten entdecken a wou eng Guidin eis déi néideg Informatiounen iwwert d'Stad an hir Sehenswierdegkeete matgedeelt huet.

Als éischt si mer mam Bus zum Dokumentatiounszenter an deelweis iwwert d'Reichsparteitagsgelände gefuer, eng imposant Plaz mat Ausstellungsberäich, wou fréier d'Nazien am Krich hir Massenkundgebungen ofgehal hunn.

D'Buerg vun Nürnberg ass d'Wahrzeeche vun der Stad. Et ass eng Duebelbuerg a besteet aus der Kaiserbuerg an der Burggrafenbuerg. Vun der Buerg hate mer eng schéi Vue iwwert ganz Nürnberg.

Mir sinn dann deelweis zu Fouss duerch Nürnberg getrëppelt, wou mer ënnert anerem déi 3 imposantst Kierche gesinn hunn: St. Sebald a St. Lorenz, esou wéi och d'Frauenkirche beim Hauptmarkt, wou all Joer de bekannte Christkindelmarkt stattfënnt.

Mir kruten déi verschidde Baustiler erkläert an natierlech sinn d'Nürnberger och stolz op hire groussen Albrecht Dürer. Nomëttes hate mer dann Zäit, Nürnberg op eege Fauscht z'entdecken, a flott war et, dass den Handwerkerhof mat senge gudde Schneekereien, Nürnberger Bratwurst a Liefkuch, praktesch vis-à-vis vun eisem Hotel ze fanne war. Dës Plaz mat sengem mëttelalterleche Flair vun de klenge Gaassen, senge klenge Butteker a Fachwierk-Haisercher a senge klenge Bistroen ass de fréiere Waffendepot vun der Stad an ass vun de Festungsmaueren ëmginn.











De 05.09. goung et fir en Dagesausfluch an déi keeserlech Residenzstad **Bamberg**. 2.300 denkmalgeschützte Baute vun der Romantik bis hin zum Barock maachen aus der Stad e Gesamtkonschtwierk a Bamberg ass zanter 1993 e Weltkulturierwen op der Lëscht vun der Unesco.



Dat aalt Rathaus ass eent vun de bedeitentste Bauwierker, dat déi historesch Bannestad präägt an et kann een seng wonnerschéi Fassademolereie bewonneren.

De romaneschen Doum St. Peter a St. Georg mat senge 4 Tierm ass dat impressionnantst Bauwierk vu Bamberg an huet eng Relatioun mat Lëtzebuerg. An dësem Doum ass den Kaiser Heinrich II. an d'Kaiserin Kunigunde vu Lëtzebuerg begruewen.

D'Kaiserin war d'Duechter vum Siegfried I. vu Lëtzebuerg a gëtt virun allem zu Bamberg als Helleg veréiert.







Klein Venedig, eng mëttelalterlech Fëschersiedlung um nordëstlechen Ufer vun der Regnitz, mat sengen 30 Fachwierkhaiser, déi säit dem 15. a 16. Joerhonnert erhale sinn, mat hire schéine gefleegtene Mini-Gäert a groussen hëlzenen Balconen ass och schéin unzekucken, och wann dësen Deel vu Bamberg, ausser dass en direkt um Waasser läit, absolut näischt mat der Architektur vu Venedig gemeinsam huet.



Och d'Alstad vu Bamberg ass e Besuch wäert. No engem gemeinsame Mëttegiessen, wou vill vun eis e gereecherte Bamberger Béier geschmaacht hunn, wat fir déi meescht vun eis awer elo net esou iwwerzeegend war, konnte mer dann nach emol op eege Fauscht Bamberg entdecken.















Donneschdes, de 06.09. goung et dann op **Eichstädt**, eng Bëschofs- an Universitéitsstad. Dës Stad ass am 2. Weltkrich bal ganz erhale bliwwen, an esou kann een hei vill historesch Gebaier bewonneren, wéi z. B. d'Buerg, Kierchen, Kléischter, de bëschofleche Palais, d'Universitéitsgebaier, d'Rathaus, mëttelalterlech Wunnengen, Jura-Haiser mat hire charakteristesche Kallekplacken-Diecher.



Am Doum konnte mer den impressionnante Pappenheimer Altor aus dem Joer 1495 bewonneren, dee ganz aus Kallekstee besteet an deen d'Kräizigung vu Jesus Christus duerstellt. No der Besichtegung vun dëser schéiner Stiedchen goung et weider op Ingolstadt, wou mer en deftegt bayrescht Mëttegiessen genoss hunn a wou e gudde bayresche Béier net huet däerfe feelen. Nom Iesse si mer gemittlech duerch **Ingolstadt** getréppelt, éier et dann nees zréck op Nürnberg goung.

Freides, de 07.09. hu mer op eiser Heemrees **Rothenburg ob der Tauber** besicht, wou eng Guidin eis duerch d'Alstad gefouert huet an eis déi schéinste Plaze vun der Uertschaft gewisen an erkläert huet. Impressionnant ass dës Stad, well se vun enger Stadmauer ëmginn ass a wou een duerch 8 Stadttore eran an d'Stad kënnt. Mat senger Renaissance-Fassad ass d'Rathaus vu Rothenburg dat schéinste Gebai op der Maartplaz. Mee och vill schéin aner Fachwierkhaiser a Gebaier stiechen duerch hir schéi Fassaden ervir.













Natierlech huet e Besuch am „Weihnachtsdorf“ vum Käthe Wohlfahrt net däerfe feelen a mir sinn da schonns am September e bësschen a Chrëschtdagsstëmmung komm.



Mir hate wéi ëmmer eng super gutt Stëmmung op eiser Rees, an nodeem eis d'Mëttegiessen mat engem gudde fränkesche Wäi gutt geschmaacht hat, si mer da ganz zefridden nees a Richtung Schieren gefuer.

Allerdéngs brauche mer **dringend nei Sängerinnen a Sänger**, mat an ouni Solfège-Kenntnisser, fir an onser Chorale matzesangen. Ons Prouwe sinn donneschdes owes um 19.00 Auer am Veräinssall vun der Chorale, rue du Moulin, iwwert der Vollekskichen. Mir sange kierchlech a weltlech Lidder. Den nächste weltleche Concert ass och schonns geplangt an dat fir de 07.07.2019.



Vläicht hutt Der och gemierkt, op eisem Concert vum 11.11.2018 zu Schieren an der Kierch, wéi schéin et ass, wann ee kann an engem grousse Grupp matsangen. E Merci nach eemol der Kulturkommissioun vu Schieren, fir dës gutt Iddi, fir esou e gemeinsame Concert ze realiséieren.

*Text a Fotoen: Monique Ley*

# Gaart an Heem Schieren



## Léiffrawëschdag, de 15. August

Mëttwochs, de 15. August, goufen eis Wëscher vum Abbé Patrick Hubert an der Mass geseent.

No der Mass konnt jiddereen e Wësch mathuelen.

Eng Këscht fir eis Onkäschten hate mer och nees opgestallt.

## Fleuramour, Alden Biesen

Den 22. September ware mer op Alden Biesen an der Belsch d'Ausstellung „Fleuramour" kucken.



De ganzen Dag hate mer Zäit, fir duerch d'Waasserbuerg, de Bannenhaff an d'Gäert ze tréppelen.

Ob baussen oder bannen, et konnt ee nëmme staunen iwwer all déi wonnerschéin, speziell, modern, romantesch oder verspillten Arrangementer an Dekoratioune vun de Raim vun der Buerg.

Et konnt een awer och Dekosartikele fir an de Gaart, Gaardegeschier oder Blummenzwiwwele kafen. Am Fréijoer oder am Summer erënnere mer eis dann un déi flott Ausstellung, wann déi geplanzte Blummen eis Gäert wäerte verschéineren.

Schued fir eis, datt et géint Mëtteg ugefaang huet mat reenen, awer gutt fir d'Prabbelisgeschäft.











## Quetschefest

**Dënschdes, den 11. September**, ware mer op Glabech d'Quetsche rëselen an hunn se mëttwochs opgemaach.

**Donneschdes** hu mer an 2 Kessele gekacht: 100 kg an deem grousse Kessel a 70 kg an deem méi klenge Kessel vun eisem President.

An eiser **Kaffisstuff, déi réischt den 30. September war**, hu mer Quetschentaarten an och anert Gebäck an eist Quetschekraut verkaaft.

Merci un all déi fläisseg Hänn, déi eis beim Quetschefest gehollef hunn, sief et Quetschen opmaachen, réieren oder Quetschekraut verkafen.







## E puer praktesch Informatiounen

- De Gaart an Heem Schieren huet e Vertikutierer, deen d'Membere kënnen ausléinen, fir hire Wues ze lëften. E steet beim President, dem Här Jean-Paul MEISCH, 82, route de Luxembourg, L-9125 Schieren, Tel. 81 83 24.

  Des Weidere kann een sech ausléinen:
- 1 Kofferkessel fir 100 kg Quetschen
- 2 Kofferkesselen, wou all Kéier 25 kg Quetschen dranngi.
- Wie Member ass beim Gaart an Heem kann eng Klientskaart bei der Gamm Vert ufroen.

  **Dofir: Är Memberskaart vum Gaart an Heem net ewechgeheien!!**

  Weider Informatioune beim Bertemes Gréitchen, Tel.: 81 83 06.
- Wann Der wëllt Member gi beim Gaart an Heem Schieren, an et wor nach kee bei Iech schelle komm, da mellt Iech bei engem vun eis:

| | |
|---|---|
| Meisch Jean-Paul | Tel. 81 83 24 |
| Hanff Rob | Tel. 81 80 04 |
| Bertemes-Schmitz Gréitchen | Tel. 81 83 06 |
| Blasius-Zenner Marga | Tel. 81 23 32. |







# Concert National 11.11.18



D'Kierch vu Schieren hat bal net genuch Plazen fir all d'Leit, déi sonndes, den 11. November 2018, de Concert National lauschtere komm sinn. D'Choralë vun de Gemenge Colmar-Bierg, Ettelbréck, Mäerzeg, Schieren a Feelen hunn zesumme mat der Ënnerstëtzung vun de Feierowendsänger vu Colmer-Bierg ënnert der Leedung vum Dirigent Jean Gehlen Lidder vun de Komponiste Franz Joseph Haydn an Andrew Llyod Webber gesongen. Während den éischten Deel méi feierlech war, konnt ee bei de bekannte Kompositioune vom Andrew Llyod Webber – ënnert anerem „Jesus Christ Superstar" bal matsangen. D'Sängerinnen a Sänger ware festlech ugedoen, an och d'Schierener Kierch war am vorweihnachtleche Stil dekoréiert. Organiséiert gouf dat exzeptionellt Evenement vun der Kulturkommissioun vu Schieren, déi de Choralen, dem Dirigent, dem Pianist Jean Hilger, der Gemeng an dem Piusverband villmools Merci seet.





# Generalversammlung vun der Musek

Déi 72. Generalversammlung vun der Schierener Musek gouf de Samsdeg, 24. November 2018, zu Schieren ofgehalen. No der Begréissung duerch de Präsident Marc Nickels huet d'Sekretärin Carmen Nickels de gutt gefélltenen Aktivitéitsbericht virgedroen. Ier der Versammlung de Rapport iwwert déi finanziell Situatioun vum Veräin matgedeelt gouf, koum et zur offizieller Keessiwwerreechung tëscht dem fréiere Keessjee, Jules Wagner, deen seng Funktioun an der Generalversammlung 2017 néiergeluecht huet, an dem aktuelle Keessjee Pierre Schmit. Mat engem Kaddo huet de Comité dem laangjährege Keessjee en offizielle Merci ausgeschwat fir déi gutt Aarbecht, déi de Jules tëscht 1995 an 2017 geleescht huet.



Weider Kaddoe sinn un d'Musekante Jean-Paul Feinen, Jasmine Waldbillig a Camille Pletschette gaangen, déi am meeschten an de Prouwen an op aner musekaleschen Aktivitéiten dobäi waren.

Weiderhi gouf dem Alfred Kayser e Kaddo iwwerreecht als Merci fir seng Méi an Zäit, déi hien an den Ënnerhalt vun de Museksinstrumenter stécht.

Folgend Musekante vun der UGDA goufe fir hir laangjähreg Memberschaft ausgezeechent:

- fir 5 Joer: Jessica Alves, Catherine Baatz, Serge Malget;
- fir 10 Joer: Sonja Quintus-Denecke;
- fir 20 Joer: Marc Bissen;
- fir 30 Joer: Mireille Moura-Garson;
- fir 50 Joer: Jean-Paul Feinen, Georges Thill;
- fir 70 Joer: Adolphe Kugner.

Eng méi speziell Unerkennung vun der UGDA, d'Plaquette Jean-Antoine Zinnen, krut den Alfred Kayser iwwerreecht fir seng laangjähreg Funktioun als Sous-Chef, déi hie säit 1972 bei der Schierener Musek ausüübt.

D'Zesummesetzung vum Comité huet sech net geännert a besteet weiderhin aus folgende Memberen: Gusty Feinen, Christophe Heck, Joe Kayser, Nico Lagoda, Serge Malget, Nicole Mersch, Carmen Nickels, Guy Nickels, Marc Nickels, Jerry Schlentz, Pierre Schmit, Marguy Spaus-Degrand, Carlo Thill, Jules Wagener.

No der Versammlung kruten d'Memberen an d'Invitéen en Owesiessen am Alen Atelier zerwéiert. Nom Iessen huet de Carlo Thill eng Diashow gewisen, déi eng Rei vun de Musekante fir e puer Momenter a fréier Zäiten zréckversat huet.

*Text: Carmen Nickels*
*Fotoen: Jerry Schlentz*



## Klibberen 2018



D'Klibberen 2018 war dëst Joer net esou einfach plangen. Just 10 Massendénger waren disponibel, Karfreideg war nach Schoul, an eis grouss Ex-Massendénger, déi nach gäre gehollef hätten, waren nach an der Schivakanz.

Trotz Startschwieregkeeten haten eis Massendénger schnell e puer Kollege fonnt, déi bereet waren, mat klibberen ze goen. Zu 18 sinn se schlussendlech duerch d'Stroosse gezunn. Si hunn dat all tipptopp gemaach, keen hat sech verspéit, keen huet sech verschlof a keen huet geknaddert! Karfreideg fir d'Oweslack huet d'Wieder sech net vun der beschter Säit gewisen, d'Reejackett an d'Gummisstiwwelen hu missen ugedoe ginn! Dat war keen Thema fir si, och am Reen gouf geklibbert!

Ouschtersamschdeg gouf wéi all Joer am Massendéngersall zesumme Kaffi gedronk, an duerno sinn se dunn all duerch d'Duerf de Leit schéin Ouschtere wënsche gaang. Um 12.00 Auer ass d'Mëttesklack geklibbert ginn, a well se moies net fäerdeg gi sinn, sinn se um 14.00 Auer nach emol op de Tour gaang. Géint 15.00 Auer konnte se bëssen heem raschte goen an um 17.30 Auer stoung dunn fir d'Massendénger nach eng Prouf fir d'Ouschtermass um Programm. Anschliissend ass direkt d'Oweslack geklibbert ginn … an du war et endlech esou wäit! No der Oweslack kuerz virun 18.30 Auer, sinn hir Titercher verdeelt gi mat den Eeër, dem Klibberloun an natierlech vill Schockela. De September stoung dann de groussen Ausfluch um Programm fir all eis Massendénger an all déi, déi hinne gehollef hunn.

*Josiane Gillen*

## Kommioun – 15. Abrëll 2018

25 Kommiounskanner, dovunner 13 vu Colmer-Bierg an 12 vu Schieren, hunn de 15. Abrëll hir 1. Helleg Kommioun empfaangen.

Wéi Der jo all wësst, ass säit September 2017 kee Reliounsunterrecht méi an der Schoul. Jiddereen, deen d'Kommioun wëll maachen, muss an der Katechèse sinn an och e puer Stonnen an de Kommiounsunterrecht goen. Eis Kommiounskanner sinn an der Katechèse zu Schieren, resp. zu Ettelbréck vum Christina Goncalves an Anny a Gisèle Delgado Freitas virbereet ginn. Spéider beim Kommiounsunterrecht huet d'Christelle Pinto Monteiro och eng Hand mat ugepaakt. Fir datt déi ganz Virbereedungen reiwungslos oflafen, huet d'Sara Ferreira (Pastoralassistentin) déi ganz Equipe ënnerstëtzt.

Virun esou engem grousse Fest sinn ausser d'Kanner preparéieren och nach vill aner Aarbechten ze maachen. Schonn am Januar sinn d'Tuniquen un d'Kanner verdeelt ginn. Still hu misse vu Colmer op Schieren transportéiert ginn, Bänke goufen dekoréiert a mam Numm gezeechent, ee Panneau gouf gebastelt mat de Fotoe vun all de Kommiounskanner. Dës Aufgaben hunn d'Lea Arendt an d'Josiane Gillen iwwerholl.

D'Sänger an d'Musikanten hu geprouft, fir datt et eng flott Feier gëtt fir Kleng a Grouss.

Samschdes virun der Kommiounsmass ass eng ganz Equipe vun Ettelbréck mat hiren Instrumenter op Schieren prouwe komm. Am Parhaus zu Ettelbréck hunn sech Leit Gedanke gemaach iwwert den Oflaf vun der Mass, Heftercher mam Programm si gedréckt ginn. D'Fraen a Mammen hu virun der Kommioun d'Kierch op Héichglanz poléiert an d'Monique Ley huet d'Kierch geréscht.




Ausserdeem sinn d'Kanner virun der Kommioun all beichte gaangen, an si hunn hiert Dafverspriechen an enger flotter Feier erneiert. Och do sinn eng Rei Leit agesprongen, fir eng Hand mat unzepaken, datt d'Kanner sech roueg verhalen, wann déi aner beichten.

Wéi Der gesitt, et ass ganz vill Aarbecht, fir esou e Fest virzebereeden. Vill Leit hunn un der Virbereedung matgeschafft. Et war e schéint Fest, d'Kommiounskanner hunn sech vun hirer beschter Säit gewisen, beim Sangen a Liesen hunn si alles ginn.

Leider ass dat schéint Fest duerch eng immens Onrou an der Kierch gestéiert ginn. Erwuesse Leit, déi méi haart schwätzen, wéi d'Kommiounskanner beim Mikro. Elteren, déi hir Puppelcher einfach jäize loossen, et net fir néideg fannen, mat hinnen erauszegoen, oder kleng Kanner bis virun den Altor lafe loossen an hinnen hannendrurennen wéi op der Spillplaz.

Schued, datt et Leit gëtt, déi net wëssen, sech an der Kierch ze behuelen!

*Josiane Gillen*

# Sprangpressessioun zu Iechternach – 22. Mee 2018



Fir d'alleréischt hunn d'Schierener Massendénger un der Sprangpressessioun deelgeholl. Och d'Colmer Massendénger-Kollegen a -Kolleginnen hunn sech eis ugeschloss. Kuerz no 9.00 Auer hu mer zu Ettelbréck de Bus geholl, an eng Stonn méi spéit ware mer op der Gare zu Iechternach. Fir eng Stäerkung virum Sprange war eis nach gutt Zäit bliwwen. Um 11.00 Auer hu mer eis dem Grupp vun de Lëtzebuerger Massendénger ugeschloss. Ganz vill Massendénger hu schonn am Abteishaff mat hiren Dechen, Paschtéier a Responsabele beim Grupp 36 gewaart. All an der richteger Tenue, uewe wäiss an ënne blo.





Pünktlech, wéi eis dat matgedeelt gouf,  huet de Grupp 36 sech um 11.20 Auer un d'Sprange ginn ... an dat huet richteg Spaass gemaach!

Kuerz ier mer an d'Basilika eragespronge sinn, ass et ganz däischter ginn iwwer Iechternach, a wou mer d'Basilika verlooss hunn, hu mer ganz séier d'Reejacketten ugedoen. No 10 Minutte war d'Schauer erof, a mir hunn eis op d'Sich no engem Restaurant gemaach. Dat war net esou  einfach, mir ware schliisslech net eleng zu Iechternach, a kee wollt dunn op enger Terrass sëtzen, déi ware jo all naass! Mir hunn eis awer getraut an hunn op der Maartplaz eng super Plaz fonnt. Vu Ree keng Spuer méi, mir hunn eis esouguer aus eise Sprangdicher Haiwercher fir d'Sonn gebastelt! De Menü huet eise Kanner och gutt geschmaacht, d'Tellere waren all gebotzt.

Nom Iesse stoung d'Kiermes um Programm. E puer Tier op de Knuppautoe fueren an emol duerch d'Geisterbahn flitzen, en Eemerche Popcorn oder Zockerwatt kafen, dat huet och misse sinn.

D'Sprangpressessioun huet eise Kanner vill Freed gemaach, a si wëllen d'nächst Joer nees derbäi sinn. Mir hoffen, datt eis Regierung matspillt an de Kanner fräi gëtt!

*Josiane Gillen*



# Massendéngerausfluch op Köln – 11. September 2018

Wéi all Joer am September hunn eis Massendénger hiren Ausfluch gemaach.


Moies fréi um 7.00 Auer stoung de Bus virun der Kierch, a gläich drop ass d'Rees op Köln gaang. No enger klenger Stäerkung kuerz viru Köln, si mer pünktlech wéi geplangt um 10.00 Auer am Odysseum gelant. Den Odysseum ass en Erliefnesmusée fir Kanner, awer och ganz intressant fir Erwuessener.



E Fliger kann een do steieren, e Looping dréinen a lande wéi e richtege Pilot. En Zeechentrickfilm mat der „Sendung mit der Maus", hunn eis Kanner selwer gemoolt an am Héichseelgaart hunn se sech richteg kënnen austoben. Wéi richteg Profie sinn si iwwert d'Seeler geturnt, do hunn se zu Köln gestaunt, wat eis Massendénger alles esou kënnen. Si hunn d'Skeletter ausgebuddelt, hunn eng Bréck gebaut, déi net zesummenfält, a wëssen elo genau, wéi e Rauchmelder funktionéiert.

Um 13.00 Auer war de Spaass am Odysseum dunn eriwwer an de Buschauffer huet eis bei den Doum gefouert. Natierlech hu mir eis déi riseg Kierch ugekuckt an eis Massendénger hu festgestallt, datt eis Schierener Kierch jo 3-mol do géing drapassen.





Dat risegt Gebai huet se faszinéiert, si hu vill Froen gestallt.

. . . an du si mer hongereg ginn! Beim Rhäin hu mir eis eng gemittlech Plaz gesicht an hunn eis gestäerkt fir de Rescht vum Dag. Zu Fouss laanscht de Rhäin goung et viru bis bei de Schockelasmusée.

Eng léif Guidin huet eis duerch de Musée gefouert an eis villes iwwert d'Kakaosboun gezielt. Obschonn eis Kanner vill hu missen nolauschteren, waren se ganz bei der Saach.

A wann ee gutt nolauschtert, da gëtt een och heiandsdo mat Schockela belount!

Am Shop konnte mer du Schockela fir d'Mamm, d'Bomi oder de klenge Brudder kafen, fir jidderee war eppes derbäi.

Als Ofschloss hu mer um Heumarkt an der Pizzeria „12 Apostel" eng Pizza giess. Leider ass déi net méi richteg gerutscht, mir haten de Bauch voll Schockela!

Op der Heemrees ass nach vill geschnabbelt ginn am Bus, mee no enger Stonn huet ee kee méi héieren, Jonk an Al hu gedreemt vum Rhäin, de Loopingen am Fliger an dem Schockela.

*Josiane Gillen*



## Floumaart, Bichermaart a Kaffisstuff, de 14. Oktober 2018



Nodeems d'Plakater hänken an d'Flyere verdeelt sinn, ginn d'Aarbechte fir de Floumaart esou richteg lass. D'Podiume mussen opgestallt ginn, Dëscher a Still gestallt ginn, an eis Floumaart-Artikele mussen all vum 1. Stack erof an de Festsall gedroen an och ausgepaakt ginn. Den Dag selwer, no 18.00 Auer heescht et dann nees apaken an erop op den 1. Stack. Mir ware frou, datt mir dëst Joer esouvill Leit fonnt hunn, déi eis gehollef hunn, well ouni si wier et net gaang. Dofir en décke MERCI u si all!

Et ass schonns déi zweete Kéier, datt mer eise Floumaart um Wahlsonndeg haten. Mir hunn dovunner profitéiert, a schonn um 9.30 Auer d'Dieren opgemaach. Vill Leit hu scho moies eis lecker Taarten a Kuche geschmaacht, anerer hu léiwer en Apero beim Comptoir genoss. Trotz dem gudden Wieder hate mer de ganzen Dag iwwer Leit am Sall. Et ass kaaft ginn, giess a gedronk an och geroden. Wéi vill Bulle waren dann elo schlussendlech am Glas, frot Dir Iech bestëmmt? Dir gleeft et net, mee et waren der 654 ! An den Haaptpräis ass esouguer zu Schieren bliwwen!

D'Kanner a Südafrika däerfen sech nees emol op en décke Scheck vu 4.300 Euro freeën.

*Josiane Gillen*

## Adventsbasar vun de Massendénger




Och dëst Joer hu mir äis nees emol Zäit geholl, fir mat eise Massendénger ze baken an ze bastelen. D'Bake war hinne ganz wichteg. Et ass näischt méi schéin, wéi an der Adventszäit zesummen Deeg ze knieden, auszerullen, auszestiechen an dobäi flott Chrëschtmusik ze lauschteren. Dat mécht Jonk an Al Spaass!

Awer och d'Bastelen huet hinne vill Freed gemaach. Zur Adventszäit gehéiert natierlech och den Adventskranz derzou. Fir déi kleng Hännercher ass dat nach e bësse schwiereg, dofir hunn e puer Mamme sech zesummefonnt. An och si haten e flotten Owend.

Den 1. Advent goufen déi gutt Kichelcher an d'Adventskränz verkaaft.






NORDSTAD JUGEND.lu
MIR SAMMELEN
Wien sammelt fir wien?
Déi Jonk an d'Personal vum Ettelbrécker Jugendhaus sammele fir Schoulkanner tëscht 3 a 14 Joer, aus 2 Schoulen vun Oradea (Rumänien).
Wat sammele mir?
FIR D'KANNER:
Schoulsäck, Schachtelen, Bic'er, Tuschbic'er, Bläistëftsfaarwen, Bläistëfter, Geometrie-set'en (Dräieck, Zierkel, Lineal,...), Waasserfaarwen, Wuessfaarwen, Notizbléck, Classeuren, Schnellhefter, Wanterjacketten,...
FIR D'KLASSESÄLL:
grouss Geometrie-Set'en, Overheadprojekteren, international Gesellschaftsspiller wéi UNO, „Mënsch ierger dech net", Millchen, Dame, Badminton-Set'en, Spillbäll, 1 Audiosystem mat Mikro,...
Kontakt
Wann Dir sou Saachen doheem hutt an net méi braucht, wieren mir frou fir all Spend. Ofzeginn am Jugendhaus Ettelbréck no telefonescher Récksprooch um 81 86 86 oder per Email ettelbruck@nordstadjugend.lu
Wann Dir léiwer Suen spend, mat deenen mir dann Schoulmaterial an Rumänien kafen ginn, dann kënnt Dir dat gären machen op den CCPL vum Ettelbrécker Jugendhaus: IBAN LU86 1111 2570 8434 0000 mam Vermierk „Projet Rumänien".
Merci


FUESFREIDEG, DEN 1. MÄERZ
ORIGINAL
TREI SEI
zu SCHIEREN
AM ALEN ATELIER
FUESSAMSDEG, DEN 2. MÄERZ vu 14 - 17 Auer
KANNERFUESBAL
Org.: Schierener Musek


## De Panorama



### Sicht déi 10 Feeler am Bild



**D'Opléisung fannt Der am Louis Nr. 57.**



Bummelbus
Forum pour l'emploi
Qui peut profiter de ce service ?
Comment l'utiliser ?
Comment fonctionne-t-il ?
Bummelbus
T: 26 80 35 80 – bummelbus@fpe.lu


ACS
ANTENNE COLLECTIVE
SCHIEREN ASBL
72, rte de Luxembourg
L-9125 Schieren
Dépannage: 691 771 281
Mail: antenne@schieren.org
Toutes informations
et promotions:
www.schieren.org
Prix imbattable: seulement 15 € par mois
Points forts de l'Antenne Collective de Schieren
Nombre de prises TV illimitées
Dépannage par nos techniciens pendant les heures de bureau Tél.: 691 771 281
Possibilité d'un abonnement internet à grande vitesse avec ou sans ligne téléphonique fixe
(assuré par Luxembourg Online LOL avec une vitesse maximale jusqu'à 100 Mbit/s suivant disponibilité)
Tarif de raccordement
Pour les maisons unifamiliales:
* Frais de raccordement jusqu'au point de transfert: 150 €
* Frais uniques à payer pour la mise à disposition du signal de l'ACS: 50 €
Pour les maisons bi-familiales et résidences:
* Conditions et offre sur demande
Pour tout nouveau raccordement avec une durée minimale de 2 ans, les cotisations mensuelles seront offertes pour le semestre en cours
Cotisation
180 € par an
(15 € par mois)
Les cotisations seront encaissées semestriellement avec les taxes communales par l'Administration communale de Schieren

# MANIFESTATIOUNSKALENNER 2019

## FEBRUAR – MEE

| DATUM | | WAT ASS LASS? | VERÄIN |
|---|---|---|---|
| **Februar** | | | |
| Freideg | 01. | Kulinareschen  Owend | Black Frogs Schieren |
| Sonndeg | 03. | Kleng Kiermes | Chorale Caecilia |
| Samschdeg | 09. | Generalversammlung | Pompjeeën |
| Méindeg | 11. | Generalversammlung | Antenne Collective |
| Dënschdeg | 12. | Generalversammlung | Fraen a Mammen |
| Freideg | 15. | Zatzebal | Fussball Veteranen |
| Sonndeg | 17. | Thé Dansant | Fussball |
| **Mäerz** | | | |
| Freideg | 01. | Fuesparty | Schierener Musek |
| Samschdeg | 02. | Kannerfuesbal | Schierener Musek |
| Sonndeg | 10. | Buergbrennen | Pompjeeën |
| Samschdeg | 23. | Grouss Botz | Emwëltkommissioun mat de Veräiner |
| Samschdeg | 23. | Players Night | Black Frogs Schieren |
| Freideg | 29. | Kleedersammlung | Aide aux Enfants handicapés |
| **Abrëll** | | | |
| Samschdeg | 13. | Bam fir déi Neigebueren | Ëmweltkommissioun mam Gaart an Heem |
| Sonndeg | 14. | Basar | Fraen a Mammen |
| Dënschdeg | 30. | Quizowend | Black Frogs Schieren |
| **Mee** | | | |
| Mëttwoch | 01. | 1.-Mee-Feier | Gemeng mat de Veräiner |
| Dënschdeg | 21. | Pilgerdag – Oktavmass | Pargemeinschaft |
| Sonndeg | 26. | Europawahlen | |


Schieren
FACEBOOK.COM/GEMENGSCHIEREN
WWW.SCHIEREN.LU